



### Sommaire

- 6253 - Débat d'orientation sur les différents types d'enseignants du système scolaire luxembourgeois et  
Interpellation de M. André Bauler sur le futur profil des enseignants dans l'enseignement post-fondamental
  - Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports: M. Claude Adam
  - Exposé: M. André Bauler
  - Débat: Mme Tessy Scholtes, M. Ben Fayot, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser
  - Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle
- Heure d'actualité du groupe DP au sujet du secteur des taxis au Luxembourg
  - Exposé: M. Xavier Bettel
  - Débat: M. Félix Eischen, M. Marc Angel, M. François Bausch (M. Marc Angel lui pose une question), M. Jacques-Yves Henckes
  - M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
  - M. Xavier Bettel (fait personnel)
  - M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Claude Wiseler et Etienne Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Eisen éischte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass d'Orientéierungsdebatt N°6253 iwwert déi verschidden Zorte vu Léierpersonal, déi zesumme mat der Interpellatioun vum Här André Bauler iwwert de Profil vum Léierpersonal am Enseignement post-fondamental behandelt gëtt. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Scholtes, den Här Fayot an den Här Kartheiser.

D'Wuert huet elo den honorabelen Här Claude Adam als Rapporteur vun der Orientéierungsdebatt. Duerno kritt d'Wuert den honorabelen Här André Bauler als Interpellant. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Mir hu jo allen zwee zwanzeg Minutten?

► **M. le Président.**- Jo.

### 1. 6253 - Débat d'orientation sur les différents types d'enseignants du système scolaire luxembourgeois

#### Interpellation de M. André Bauler sur le futur profil des enseignants dans l'enseignement post-fondamental

#### Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

► **M. Claude Adam** (déi gréng), rapporteur.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzufänke well ech emol fir d'Eischt zwee Mercië lassginn, zwee ganz speziell Merciën: eng Kéier un d'Madame Huberty, d'Sekretärin vun der Éducationskommissioun, déi mer ganz vill gehollef huet bei deem Rapport hei, an anerersäits awer och un den Här Fayot, de President vun der Éducationskommissioun, mat deem ech déi verschidde Schrëtt hei zesumme geplangt hunn an och eng exzellent Zesummenaarbecht hat. Natierlech dann och e Merci un all déi vill Invitéen, déi bei eis an d'Kommissioun komm sinn an do hire fachleche Bäitrag gelescht hunn.

déi gréng haten de 26. Januar 2011 een «Débat d'orientation avec rapport sur les différents types d'enseignants du système scolaire luxembourgeois» ugefrot. Mir haten den Débat avec rapport ugefrot, well mer der Meenung waren, all Mënsch soll op deeselwechten Informationsstand kommen an da kéint all politesch Faarf hir Iddien hei dévélouppéieren, wat d'Enseignanten zu Lëtzebuerg ugeet.

Den 10. Februar 2011 sinn ech Rapporteur gi vum Débat. De 17. Mäerz hat ech an der Kom-

missioun ee provisoresche Plang, wéi mer sollte virgoen, virgeluecht. Mir hunn deen diskutéiert a mat liichten Ännerunge festgehalten. Duerno hate mer aacht Kommissioussitzungen, wou mer den Débat préparéiert hunn, an dunnen den 19. Abrëll - dat war dann déi zéngt a lescht Sitzung - hu mer de Rapport mat enger Géigestëmm ugeholl.

De Rapport fänkt u mat enger relativ laanger Introduktioun. Dat war mer wichteg. Ech wollt vun Ufank u kloer soen, datt en Zréck zu där „gudder aler Schoul“ keng Léisung wier. Mir kënnen och net zréck zu där „gudder aler Welt“ goen. Et ass ëmmer nach d'Fro: Wéi gutt waren déi al Schoul an déi al Welt?

Ech wëll domadder net soen, d'Schoul misst sech un all Moud an eiser schnellieweger Welt upassen, mä d'Schoul muss sech permanent weiderentwéckelen. D'Schoulentwécklung, „school improvement“, dat ass net just ee Moudewuert. D'Schoul ass e permanente Chantier, an et ass un der Politik, et alle Beträfen - den Enseignanten, den Elteren an de Schüler - méi einfach ze maachen, wa se dee Chantier esou gutt wéi méiglech organiséieren.

Ech hunn dräi Punkten an der Introduktioun opgezielt. Éischte Punkt: Lëtzebuerg ass en Immigrationsland. Et versteet sech vum selwen, eis interesséiert net d'Nationalitéit vun eise Schüler, eis interesséiert awer d'Tatsaach, datt ëmmer méi Kanner an eise Schoule sinn, déi kee Lëtzebuergesch doheem schwätzen.

Sou schwätzen zum Beispill 50% vun de Kanner am Précoce Lëtzebuergesch weder als éischt nach als zweet Sprooch doheem. Mir léieren eis Kanner awer liesen a schreiwen an däitscher Sprooch. Mir sinn ëmmer dovun ausgaangen, datt d'Lëtzebuergesch no beim Däitsche wier, datt mer des Sprooch kéinte par assimilation léieren, net als Friemsprooch.

Dat entsprécht haut net méi der Realitéit. Mir hu kaum Äntwerten op des Problematik. D'Fuerschung op eiser Uni ass an deem Beräich nach an de Kannerschong. An op nei Erkenntnisser zu deem Sujet aus der École de recherche „Eis Schoul“, ech mengen, do mussen mer nach laang waarden. Datt mer an eiem Land dräi offiziell Sproochen hunn, dat ass zwar elo net nei, mä dat mécht déi Situatioun, déi ech elo grad beschriwwen hunn, net méi einfach.

En zweete Punkt, deen ech ugefouert hunn: Zu Lëtzebuerg, grad wéi och am Rescht vun der westlecher Welt, hu sech d'Familljestrukture geännert. D'Haushalter ginn ëmmer méi kleng. Et gëtt ëmmer méi Familles monoparentales a sougenannte Patchworkfamilien. Fir d'Familljeliewen an d'Berufsliewe besser kënnen ënner een Hutt ze kréien, huet de Stat sech lues a lues ëmmer méi zum Begleeder vun de Familljen entwéckelt. D'Maisons relais, déi mat der Aféierung vun de Chèques-services gradesou wéi d'Crêchen eng explosiounsarteg Entwécklung kannen hunn, hunn natierlech och Répercussiounen op d'Schoul. D'Léierpersonal kritt zousätzlech Gespréichspartner: dat éducatiiv Personal aus de Betreuungsstrukturen.

En drëtten wichtege Punkt, firwat eis Schoul sech muss weiderentwéckelen, ass eng nach ëmmer onbefriedigend Situatioun, wat de sozialen Aspekt vun eiem Schoulwiesen ugeet. Net nëmmen d'OECD-Etude PISA a PIRLS weisen op, datt eise Schoulsystem sozial ongerecht ass.

Och d'MAGRIP-Etüd, déi 1968 zu Walfer um Institut pédagogique vum Gaston Schaber a senger Mataarbechter op d'Schinne gesat ginn ass, seet dat. Dëst ass eng Etüd vu Lëtzebuurger Enseignanten a Chercheuren, déi eenzeg Laangzäitët iwwer eise Schoulsystem, déi mer hunn. An d'Resultater sinn och hei nach eng Kéier däitlech: Et sinn net onbedéngt déi intelligentste Kanner, déi an eiser Schoul am beschten ewechkommen. Dat soziaalt Ëmfeld spillt eng déterminant Roll, wéi ee Schoulhofschloss ee Kand da schlussendlech kritt. Mir hu schonn eng ganz Rei Mesurë geholl: Mir hunn de Précoce agefouert, d'Maisons relais an d'Crêchen. Mä si gräifen nach ëmmer net.

Da kënnen och nach en neie Phänomeneen derbäi. Fir eis Generationen an déi Generatione virun eis huet gegollt, datt d'Studéieren eng gewësse Garantie war, déi sozial Leeder eropzeckammen. Haut stelle Generatione vu gutt forméierte jonke Leit fest, datt se eigentlech net gebraucht ginn.

Wann dat lech iwwerdrifwe schéngt, da gitt emol a Griichenland oder Spuenien kucken a maacht och d'Aen op zu Lëtzebuerg. Wéi vill gutt forméiert jonk Leit mussen sech vun engem CDD zum aneren duerchkämpfen, maache Bénévolat a Volontariat, fir net müssen näischt ze maachen?

D'Schoul funktionéiert ëmmer manner als soziale Lift, an dat ass démotivierend fir eis jonk an eng Erausforderung fir d'Politik a fir d'Enseignanten.

Bei dem Débat vun haut geet et ëm de Profil, de Beruff vum Enseignant, an net ëm d'Carrière oder déi verschidde Carrièren, an also och net ëm d'Problematik vun deene verschiddene Chargés de cours. Dat wier bestëmmt och een Débat wäert, mä et ass net dee vun haut.

A wann et dann haut och haaptsächlech ëm d'Enseignantë geet, dann därefer mer awer net vergiessen, datt et schlussendlech a virun allem och ëm d'Schüler, ëm d'Kanner geet.

Déi gesellschaftlech Verännerungen, déi ech grad opgezielt hunn, hunn natierlech een Afloss op d'Kanner. De Professor Willems vun der Uni Lëtzebuerg - ee vun eisen éischten Invitéen - huet vun der „Verhäuslichung der Kindheit“ oder der „Verinselung der Kindheit“ geschwat. D'Kanner erobere sech hir Ëmwelt net méi selwer mat Gläichaltrege vun hirem familiären Ëmfeld aus. Si verbrénge vill Zäit ausserhalb vum familiären Ëmfeld. D'Famill ass och net méi ëmmer deen Usprichpartner, dee mir - d'Schoul, d'Crèche - brauchen.

D'Bild vum Kand huet sech am Laf vun der Zäit verännert. Fréier war munches méi einfach. D'Kanner haten eng Zort pädagogesche Moratoire. Si hunn net misse schaffe goen, well se ebe Kanner waren. Si hu just misse spillen, sech entwéckelen an eppes léieren.

Haut kenne mer Widdersprécheleches. D'Kandheet dauert engersäits ëmmer méi laang a gëtt op där anerer Säit ëmmer méi kuerz. D'Kandheet gëtt ganz fréi a Bunne gelenkt. Mir hunn de Précoce agefouert, d'Schoulpflicht ab véier Joer. An op där anerer Säit schrauwe mer d'Groussjahregkeet erof. Mir verlängeren d'Schoulpflicht. De Wahlalter gëtt erofgesat. Also, et si scho widderspréchelech Mesuren, déi mer bei eise Kanner a Jugendleche feststelle mussen.

Mir investéieren vill an eis Kanner a Jugendlech. An deen Investissement ass net just altruistesche. Mir erwaarden eis vun eise Kanner een „return on investment“. Dat ass natierlech och problematesch. Mir risquéieren, d'Kanner mat iwwerdrifwene Erwaardungen an engem exzessiven Encadrement ze iwwerforderen.

Eng vun de wichtegsten Erkenntnisser vun der Kannerpsychologie ass a mengen Aen d'Erkenntnis, datt d'Wichtegkeet vun enger fester Bindung, dat heescht eng erwuesse Persoun, wou ee Kand sech kann drop verloossen.

► **Une voix.**- Très bien.

► **M. Claude Adam** (déi gréng), rapporteur.- Et schéngt sécher ze sinn, datt ee staarkt a stabil Vertrauensverhältnis d'Basis ass, déi iwwerhaupt eréischt engem Kand et erméiglecht, fir d'Léieren op ze sinn.

Fir mech läit eng vun den Haaptursache vu ville Problemer, déi mer an eiser Gesellschaft an eise Schoulen hunn, eben an der Tatsaach, datt et enger vill ze grousser Unzuel vu Kanner haut net méi méiglech ass, esou eng fest a stabil Bindung opzebauen, déi hinnen d'Vetrauensbasis, fir sech den Erausforderungen vun haut positiv entgéintestellen, géif ginn.

Och wann d'Schoul net alles ka riichtbéien, wat schifgelaf ass: Et schéngt evident, datt d'Wichtigkeet vu stabilen, laangfristegen Bindungen och Konsequenze fir d'Organisatioun vun eise Betreuungs- a Schoulstrukturen muss hunn. De Professor Bos, Direkter vum Institut für Schulentwicklungsforschung vun der technescher Uni vun Dortmund, hat der Kommissioun eng Rei Informatiounen aus der Recherche iwwert d'Ausbildung vum Léierpersonal virgestallt. Eng Rei Saache ware scho bekannt aus PIRLS oder PISA, zum Beispill iwwert d'Heterogenitéit, d'Wichtigkeet vum Differenzéieren.

D'Formatioun vun den Enseignantë vun alle Schoulformen soll eng akademesch, also eng Formation universitaire sinn. Ech mengen, dat stellt och haut bei eis kee méi a Fro. Do kenne mer an esou enger Formatioun zwee grouss Modeller, engersäits Fachstudium an Didaktik zesummen - wéi bei eis an der Formatioun vum Léierpersonal vun der Grondschoul -, an op där anerer Säit fir d'Eischt e Fachstudium an duerno eng didaktesch, schoulpraktesch Formatioun - wéi bei eis am Postprimaire.

Dem Professor Bos no sinn d'Fachwëssen an d'didaktescht Wëssen gläich wichteg. Eng Ausso, déi ech deelen. Mir hu Generalisten am Enseignement fondamental, dat heescht Schoulmeeschteren a Léierinnen, déi alles kënnen. Do stellt sech d'Fro: Kënnen se wierklech alles a wierklech alles gläich gutt? Géif eng gewësse Spezialisatioun net eventuell Sënn maachen?

Mir hunn zu Lëtzebuerg d'Spillschoulen an d'Primärschoule ganz enk zesummebruecht. Mir hunn eiser Uni den Opdrag ginn, just een eenzeg Diplom fir d'Enseignanten auszustellen. Mir sinn zu Lëtzebuerg ee couragéierte Wee gaangen. Mä ass et och dee richtege Wee?

Systemer, wou Enseignanten een eenzegt Fach enseignéieren wéi bei eis am Secondaire sinn éischter rar. Mir hunn haut esou vill Enfants à besoins spécifiques. A mir sinn eis als Gesellschaft ganz kloer eng inklusiv Démarche schëlleg. Dat heescht, mir solle méiglechst all Kanner an darselwechter Schoul enseignéieren. Dat ass eng gewaltig Erausforderung fir eis Enseignanten, där si sech awer mussen stellen. An do stelle mer da gewaltig Defiziter an der aktueller Formatioun initialer fest.

Souwäit eng Rei méi allgemeng Aussoen aus der Entwicklungspsychologie an aus der Formatioun vun den Enseignanten. Mir haten eis an der Kommissioun zimlech intensiv mat der Formatioun a mat der Ausübung vum Enseignantsberuff befaasst, fir d'Eischt mat dem Fondamental, wou den Directeur d'études vum Bachelor en sciences éducatives, den Här Gretsche, eisen Invité war.

All Joers ginn zu Lëtzebuerg eng ronn 130 Studenten ugeholl, fir op der Uni Lëtzebuerg um Campus Walfer fir Schoulmeeschteren a Léierin ze léieren. D'Uni mécht eng Selektioun, an zwar net op Basis vun de Resultater vun engem Secondairesofschloss, mä en neien Examen. Et sinn also net just auslännesch Unien, déi net all Student aus dem Lëtzebuurger Secondaire unhuelen.

Mat der neier Uni hat sech d'Formatioun vun de Schoulmeeschteren 2004 zimlech vill verännert, an des Formatioun huet och an deene leschten zwee Joer nach eng ganz Rei Nobessierungen erlieft. Fir weider Detailler verweisen ech op de schrëftleche Rapport. Mindestens genau sou vill Jonker studéieren am Ausland, virun allem an der Belsch, fir een Diplom ze kréie fir an den Enseignement fondamental.

Et gëtt bestëmmt eng ganz Rei Ënnerscheeder tëschent der Formatioun initialer am Ausland an zu Lëtzebuerg. Ee groussen Ënnerschied ass zurzäit awer d'Tatsaach, datt mir zu Lëtzebuerg en Diplôme universel hunn, dat heescht keen Ënnerschied méi maachen an der Formatioun tëschent Spillschoul a Primärschoul.

E weideren Invité an der Kommissioun war de Schoulinspekter Pierre Reding, deem ech och





wëll e spezielle Merci soe fir seng Analys a seng konstruktiv Aussoen.

D'Zesummenaarbecht tëschent der Uni an de Schoulen um Terrain an dem Ministère ass net ëmmer evident. Dat kann een zum Beispill um Inspektorat, dem direkte Vertrieeder vum Ministère, gutt verfolgegen. Zënter datt et den Institut pédagogique zu Walfer gouf, war de Collège des inspecteurs och zu Walfer, an d'Inspektore waren déi Leit, déi d'Fach Pédagogie enseignéiert hunn. Wéi den Institut eng Uni ginn ass, sinn d'Inspektoren op Bartreng ausgelagert ginn. Zäiteweis huet iwwerhaapt keen Inspekteur och nëmmen een eenzege Cours zu Walfer ginn. Et schéngt esou ze sinn, wéi wann Uni a Collège des inspecteurs sech erëm esou lues a lues géifen uneneen eruntaaschten. An dat ass richtig esou.

Wann een dann elo de Brevet huet, fir Schoul ze halen, dann ass een nach net automatesch an der Schoul. Fir d'Éischt stinn dann emol eng ganz Rei Studenten, virun allem déi aus dem Ausland, virun den Épreuves préliminaires. A wann déi gepackt si respektiv wann een eng Dispens kritt huet, da muss ee sech nach en rang utile am Examen-concours klasséieren.

Wat d'Resultater vun dësen Exame betrëfft, fallen eigentlech zwou Saachen op: Éischtens, vill brevetéiert Kandidaten packen d'Épreuves préliminaires net. Do froen ech mech, wéi et mat der Informatioun iwwert d'Sproochekenntnisser ass, ier een esou ee Studium ugeet. An zweites, déi Studente vun auslänneschen Unien hunn daitlech méi schlecht Resultater am Examen-concours wéi d'Studente vu Walfer. Dat läit kaum exklusiv drun, datt d'Formation zu Walfer ëm esou viles besser ass!

Fir déi, déi et da gepackt hunn, an déi, déi am Beruff sinn, gëtt et engersäits eng Beschreiwung vun den Aufgabe vum Schoulmeeschter am Schoulgesetz vun 2009 an anerersäits och eng Beschreiwung vum Enseignant vum Ministère vum Oktober 2005. Dat kann een alles noliessen, an ech ginn duerfir op dëser Plaz net weider drop an.

Wichtig a politesch interessant ass awer d'Fro, awéiwäit mer nach ëmmer vum Schoulmeeschter als Generalist kënnen ausgoen. Ëmmer erëm stellt sech d'Fro, ob verschidde Fächer genuch a gutt genuch enseignéiert ginn. Dat gëllt virun allem fir d'Musek an de Sport, awer net nëmme fir si. Eng vun de groussen Neierunge vun de Schoulgesetz vum 2009 war, fir d'Zesummeschaffen an der Équipe ze pousséieren. Géif esou een Equipégescht net och eng gewësse Spezialisatioun zouloossen?

Mir haten eis och zimlech intensiv mat der Formation continue vun den Enseignanten auseneegesat. Och hei ass et grouss Ännerunge ginn, wéi mer d'Uni kritt hunn, well dunnt d'Formation initiale an d'Formation continue net méi vun darselwechter Struktur assuréiert goufen.

D'Formation continue ënnerläit dem SCRIPT. An et ass scho gewaltig, wéi e breede Spektrum vu Formationen vum SCRIPT ugebuede gëtt. Leider falen och all Joers eng ronn 20% vun de Formationen aus, well se net genuch Clienten hunn. Och wann heiansdo ee gewëssene Motivationsmangel festgestallt gëtt, esou maachen awer vill an ëmmer méi Enseignantë Gebrauch vum Angebot vun der Formation continue, ënner anerem och wou eng gewëssen Zuel vu Stonnen obligatoresch sinn.

Wéi mer eis mat der Formation continue auseneegesat haten, konnten eng Rei Konklusiounen gezu ginn. Nei Formen, besonnesch déi vum „peer learning“, dat heescht den Échange vun den Enseignanten, den Austausch vu Best-Practice-Erfahrungen, d'Hospitalioun an anere Klassen, schéngen eng ganz gutt Pist ze si fir eng positiv Schoulentwécklung. Esou een Austausch wier an engems eng Valorisation vun der Aarbecht vun den Enseignanten. Et sinn net just extern Experten, déi viles wëssen. Vill Wësse läit beim eenzelnen Enseignant. Kommt, mir profitéieren dovun!

Esou eng Formation bréngt natierlech d'Schwieregkeet vun enger Unerkennung mat sech. Dat gëllt och fir all länger an intensiv Formation. Hei wier et jo interessant, wann och esou eng Formation mat ECTS-Punkte géif unerkannt ginn. Dat ass net einfach, mä och net onméiglech.

Dann ass och nach iwwert d'Méiglechkeet vun engem Stage fir Berufsfänger geschwat ginn. Theoretisch ass jo all Schoulmeeschter déi zwéi éischt Joer am Stage, mä um Terrain mierkt en net vill dovun. Et ass vu verschiddeenen Experte gemengt ginn, et wier gutt, wann de Schoulmeeschter an d'Léierin ee richtegen

encadréierte Stage géife maachen, wou all d'Berufsfänger géifen intensiv begleet ginn. Vlächst ass dat jo elo mat der Reform vun der Fonction publique, wann et se dann nach gëtt, eng gutt Geleeënheet, iwwert de Sënn an iwwert de méiglechen Onsënn vun esou engem Stage nozedenken.

Här President, komme mer dann zum Enseignement postprimaire. Hei ass de Wee fir an de Beruff een anere wéi am Fondamental. Mir haten duerfir och eis Diskussiounen ugefaange mat zwéi Presidente vun Examenskommissionen, den Häre Bohnert a Salentiny, déi President vum Examen-concours vum Franséische respektiv der Bio sinn. Et gëtt vill diskutéiert an och kritiséiert, datt ee jonke Mënsch mat engem Masterdiplom an der Täsch am Examen-concours, dee jo absolut kee pädagogesch Wëssen, mä just d'Fachwësse préift, duerchfält. Am schréffleche Rapport sinn ech iwwert den Historique an déi ganz Problematik vum Examen-concours agaangen.

Als Konklusioun hei just d'Fro, ob et net méi sënnavoll wier, wa mer géifen op de Volet Exame beim Concours verzichten an eis op de Volet Klassement beschränken. Dat ass da jiddwerengem a besonnesch dem aktuellen an zukünftigen Éducatiounsminister iwwerlooss, sech hei ze positionéieren.

Wat d'Formation initiale vum jonke Proff ugeet, do ware mer eis eens, datt hien e Bachelor a sengem Fach misst maachen an dann e Master. Net eens ware mer eis, ob hien dee Master mat engem Bléck op eng fachspezifesch Didaktik sollt maachen oder ob dat weiderhin, wéi et bis elo de Fall ass, sollt fräi sinn.

Am Rapport steet: «Il faudrait en tout cas éviter d'exclure la voie du master à caractère scientifique. De fait, il est indispensable de disposer dans les lycées d'un certain mélange d'enseignants aux profils diversifiés.» Dat ass d'Meenung gewiescht vun den Experten, déi mer invitéiert haten. Ech mengen, dat war och d'Meenung vun enger Majoritéit vun de Kommissionsmembere. Dat ass awer net d'Meenung vum Rapporteur. Ech wäert och spéiderhin, wann ech fir déi gréng schwätzen, nach eng Keier op dëse Problem agoen.

Den Här Jovanovic, Direkter vun der pädagogescher Formation fir de Postprimaire op der Uni Lëtzebuerg, hat eis iwwert de Wee informéiert, deen d'Stagiäre ginn, wa se dann hiren Examen-concours bestanen hunn. Si maachen ee richtige Stage mat Épreuven. Dat ass jo och logesch, well hinne feelt de praktesche Volet an der Formation initiale.

Am Enseignement postprimaire ass d'Situatioun e bësse komplizéiert, well d'Stagiäre verschidde Profiler hunn. Wann een am Enseignement fondamental nach ka soen, ee Schoulmeeschter ass ee Schoulmeeschter, da muss ee feststellen, datt am Secondaire e Proff net onbedéngt e Proff ass. Schonn déi ënnerschiddlech Astufung an den E2, E3ter, E5, E7 weist eis, datt net jiddwereen deeselwechte Wee gaangen ass. Dat mécht engersäits d'Formation am Stage méi schwierig, anerersäits ass dat och ee gréisser Problem, wat d'Unerkennung vun der Formation continue zum Beispill duerch ECTS-Punkten ugeet.

Mir hunn am Postprimaire zurzäit 251 Stagiären, a well all Stagiaire zwéi Tuteuren huet, hu mer am Ganze 502 Tuteuren. Dat sinn der ganz vill. An hei stellt sech d'Fro, wéi et mat deenen hirer Formation ass. Mir goufen informéiert, datt do nach munches opzeschaffe bleift.

A wa mer eis am Enseignement fondamental froen, ob et gutt ass, datt mer keen Ënnerscheid méi an der Formation maachen tëschent dem Précolaire an dem Primaire, esou soll och am Secondaire d'Fro erlaabt sinn, ob et gutt ass, datt mer keen Ënnerscheid maachen tëschent dem Cycle inférieur an dem Cycle supérieur.

D'Professoren enseignéieren also all Lycéesschüler, dat awer am Prinzip just an engem Fach. Dat war net ëmmer esou zu Lëtzebuerg. Dat ass éischter rar an der Éducatiounslandschaft. Hei huet sech eng Bereitschaft an der Éducatiounskommissionen gewisen, eng Recommandatioun auszeschwätzen, fir an Zukunft éischter op zwéi Fächer pro Proff ze goen.

Iwwert d'Formation continue hu mer natierlech och geschwat a mer kommen do zu deene selwechte Konklusiounen eigentlech wéi beim Primaire. Ech ginn duerfir och net méi drop an.

Zum Schluss dann nach just e puer Remarques. Mir hunn um Schluss vum Rapport e kuerzt Kapitel ugehaangen, fir drun ze erënneren, datt mer zu Lëtzebuerg, och wat den Enseignement ugeet, net op enger Insel liewen. Och wa mer eis bewusst sinn, datt eise Schoulsystem eng national Kompetenz ass an exklusiv eise Éducatiounsministère ënnersteet, da schéngt et mer awer eng Noutwendegkeet ze sinn, eis Schoul och ëmmer a Relatioun mat eisen No-

peschlänner a Länner doriwwer eraus ze gesinn.

Vun de ronn 350.000 Salariéen...

**(Interruption)**

Merci!

...zu Lëtzebuerg sinn 153.000 Frontalieren, déi net zu Lëtzebuerg an d'Schoul gaange sinn. A wahrscheinlech ass och dee gréissten Deel vun den net Lëtzeburger Residenten net hei am Land an d'Schoul gaangen.

D'Schoul huet natierlech nach aner nobel Missiounen wéi just déi, eis Kanner op den Aarbechtsmarché ze preparéieren, an awer ka kee Schoulsystem sech et erlaben, eng Abstraktioun vum Aarbechtsmaart ze maachen. Mir kënnen also net maachen, wéi wa mer an eise Schoule just géifen op de Lëtzeburger Aarbechtsmaart an d'Unie preparéieren. A mir kënnen och net maachen, wéi wa mir déi Eenzeg wieren, déi géife fir eisen Aarbechtsmaart ausbilden.

Mir kënnen duerfir och net weider eis Schüler wéinst hirer Sproochevillfalt diskriminéieren a Steng an de Wee leeën, wann hir Alterskolleegen aus den Nopeschlänner mat manner sproochlechtem Bagage, duerfir awer heiansdo méi fachlechtem Wëssen op deeselwechten Aarbechtsmaart an der Groussregioun drängen.

Mir sinn der Meenung, datt d'Diskussioun iwwer eng Reform vum Sproochenunterrecht net ëmmer mat der néideger Eierlechkeet gefouert gëtt. Mir sinn der Meenung, datt hei akuten Handlungsbedarf besteet, datt mer eis duerfir mussen un éischter Stell bewusst ginn, a wéi enger globaler Realitéit datt mer liewen, an un zweeter Stell eens ginn iwwert d'Ziler, déi mer wëllen an eise Schoulen erreechen.

Dee kuerze Bléck iwwert d'Landesgrenze seet eis awer och, datt et aner Solutiounen gëtt wéi déi, déi mir hei zu Lëtzebuerg kennen. Déi Systemer mat enger Filière unique sinn an Europa méi verbreet wéi dee méiglidde Schoulsystem, dee mir hunn. Dat ass einfach eng Tatsaach. Duerfir dierf nach jiddweree soen, e wëllt keen esou ee System, mä et soll awer kee soen, dat géif net funktionéieren.

Och d'Formation vun den Enseignantë léisst méi Varianten zou wéi déi, déi mer zu Lëtzebuerg kennen. Dës zwou Umierkunge sollen als Invitatioun betruucht ginn, d'Gedanken iwwert d'Schoulreform net an engem ze vill enke Kader anzespären.

Här President, ech ginn elo net méi op d'Konklusiounen an, déi am Rapport stinn. D'Konklusiounen si just e Résumé vun deem, wat ech elo gesot hunn.

Als Rapporteur hunn ech elo meng Aarbecht ofgeschloss. Ech soe Merci, datt Der e bësselche grousszügig mat der Zäit waart.

De Rapport gëtt keng kloer Léisunge vir. Dat war och net den Usproch, deen ech hat, wéi mir en Débat d'orientation avec rapport ugefrot hunn. Ech hu vill méi probéiert, d'Problemfelder erauszuschaffen, un déi sech d'Schouldiskussioun an der Zukunft muss upaken. D'Fro si gestallt an hannerlicht. Ech géif mer wënschen, datt déi eenzel Fraktiounen géifen hir Antworten a Vuen zu dëse Froen haut hei an d'Diskussioun bréngen. Ech wäert dat haut de Mëtteg fir déi gréng Fraktioun maachen, wann et hei u mir ass.

Ech soe Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Adam. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här André Bauler als Interpellant um Tour. Här Bauler, Dir kritt d'Wuert.

**Exposé**

► **M. André Bauler (DP), interpellateur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wie vun eis heibannen erënnert sech net un déi legendär „Feuerzangenbowle“ oder u Filmer mam Theo Lingen aus de 70er Joren, an deene kauszeg Oberstudiennräte mat hiren Ticken op humorvoll Manéier op d'Schëpp geholl goufen? Oder un de Lëtzeburger AFO-Film „Wat huet e gesot?“, deen dës Thematik Ufank vun den 80er Joren an a ronderëm den Dikrecher Kolléisch verschafft huet?

Wie vun eis heibannen erënnert sech net u seng eege Proffe mat hire Spëtznimm a jeevellegen Naupen? Oder un d'Léierinnen an d'Schoulmeeschteren aus dem Primaire? Wéi an all Beruff gëtt et déi, déi ee prägen, déi een am Gedichtnes behält, well se ee beandrockt hunn a well een eppes bei hinne géliert huet. An et gëtt déi, un déi ee sech manner gär erënnert. Den Afloss vum Enseignant op de Schüler ass eben net ze ënnerschätzen.

Fir d'Demokratesch Partei ass den Enseignant ouni Zweifel en zentralen Acteur, wann et ëm de schouleschen Erfolleg vum eenzelne Schüler geet. D'Roll vum Enseignant dierf een an deem Zesammenhang absolut net ënnerschätzen.

„Auf den Lehrer kommt es an!“, dat ass dann och d'Schlussfolgerung vum däitschen Auteur Michael Felten an och vum neiseelännesche Bildungsfuerscher John Hattie, deen eng Meta-Etüd aus dem Joer 2009 iwwer e puer Dausend pädagogesch Studië veröffentlecht huet.

A well et op den Enseignant ukënn, wëlle mir als DP seng Roll stärken, seng Aufgabe genee definéieren a seng Ausbildung esou verbessern, dass e senger Kärtaufgab, nämlech der Pédagogie, ka gerecht ginn, dass e se ka wouerhuelen. Den Enseignant muss schliesselech e Léierexpert sinn!

Aus deem Grond hat d'Demokratesch Partei am Januar 2011 eng Interpellatioun zur Definition vun de Missiounen vum Enseignant postprimaire ugefrot. Parallell dozou hat d'Fraktioun vun déi gréng an der Persoun vu mengem Virriedner, dem Claude Adam, en Débat d'orientation zum selwechte Sujet ugefrot. De Rapport, dee mer haut diskutéieren, ass eng gutt Geleeënheet, d'Positiounen vun der DP zum Sujet „Lehrerprofil“ ze erläutern.

Fir et virewech ze huelen: Mir gesinn dëse Rapport als en éischte Schrëtt, fir d'Diskussioun iwwert d'Roll vum Enseignant weiderzeféieren. De Bericht ass eng interessant Bestandsopnam vun de Stärkten a Schwächte vun eise Schoulssystem. Et ginn awer eng Rei vun Domäne vun eise Schoulssystem, wéi zum Beispill d'Éducation différenciée oder de Régime préparatoire, net weider ënnert d'Lupp oder guer net ënnert d'Lupp geholl. De Rapport enthält och keng konkret Virschléi a Fuerderungen, wat d'Upasse vun der Tache vum Enseignant un déi nei sozioekonomesch, soziodemografesch a gesellschaftlech Erausforderungen ugeet, Erausforderungen, déi sech rapid veränneren.

Iwwer e Lehrerprofil schwätzen heescht aus eiser Sicht, net nëmmen ze definéiere versichen, wéi een Enseignant schaffen an handele muss, mä och, wat de Profil vum Enseignant am besonnesche Fall hei zu Lëtzebuerg muss sinn. Wann ee sech eis Bevölkerungsstruktur virun Aen hält, ass dës Situationspezifisch schliesselech net ze ënnerschätzen.

Wat fir Enseignantë wëlle mir also fir de Lëtzeburger Schoulssystem, dee sech ëmmer méi duerch seng enorm Diversitéit vu Schüler auszeechent, a wéi wëlle mer se forméieren? Wat fir een Enseignantsprofil ass am Lëtzeburger Kontext sënnavoll, a wat fir een net? Dat ass eigentlech d'Kärfro, wann et ëm de Lehrerprofil geet.

Här President, zënter Jore fuerdert d'DP, dass Betreuer a Schoul ënnert d'Verantwortung vun engem eenzege Ministère zesummegeleuecht solle ginn. Firwat fuerdere mir dat? Mir verlaangen dat, well all Studien, déi sech mat der Förderung vu Kanner am Alter tëschent null an dräi Joer beschäftegen, zur Konklusioun kommen, dass an deene Joren d'Basis fir déi weider Entwécklung vun de Kanner geluecht gëtt, dass also dës Joren immens wichtig sinn an der Entwécklung vum Kand.

A leschter Zäit huet sech eis Gesellschaft esou entwéckelt, dass ëmmer méi Elteren op Betreuerstrukturen zrëckgräifen. Dofir gëtt et ënnerschiddlech Grënn: Ëmmer méi Frae si beruffstäteg, et gëtt ëmmer méi elengerzéiend Elterendeeler, vill Koppelen mussen weinst den héije Wunnengspräisser zu zwéi schaffe goen.

Wat d'Qualitéit vun der Betreuer ugeet, fuerdert d'Demokratesch Partei zënter Joren eng Qualitéitsoffensiv, méi qualifizéiert Personal, méi kleng Gruppen a kloer pädagogesch Konzepter fir Crèche a Maisons relais. Dat steet iwwerengs esou am Rapport, dee mer haut diskutéieren, ech zitieren: «Les personnes intervenant dans les structures d'accueil et d'éducation ne sont pas censées être des enseignants, mais, au vu de la nécessité signalée ci-dessus d'assurer un encadrement de qualité de la petite enfance, il est évident qu'elles sont investies de missions qui vont au-delà d'un simple gardiennage.»

Mir stelle fest, dass méi wéi 50% vun de Kanner kee Lëtzeburgergesch schwätzen - mä Virriedner Claude Adam huet et ënnerstrach -, wa se an d'Éischt Schouljoer kommen. Dëse Phenomeen wëllt d'DP net einfach esou hinuelen, well d'Sprooch ass e Schlüsselement fir de schouleschen Erfolleg! Wéi soll e Kand an der Schoul réusséieren, wann et net oder nëmme schlecht versteet, wat de Schoulmeeschter oder d'Léierin verlaangt oder wat seng Klassekolleeginnen a -kolleegen him erzielen?

De Précoce ass viru Joren an enger Aart Haueruckverfahren agefouert ginn, ouni dass sech wierklech Gedanken gemaach gi wieren, wat genee d'Aufgabe vun dësem Enseignement solle sinn. Elo, wou de Précoce flächendeckend an alle Gemeenge fonctionnéiert a wou mer e manifesté Sproochproblem kennen, ass et héich Zäit, dass ee sech dës Gedanke mécht. Fir d'DP steet fest, dass de Précoce eng entscheidend





Roll an der sproochlecher Frëiförderung spille muss!

An anere Länner, beispillsweis an Éisträich, gëtt et kloer Konzepter, wat d'Sproochförderung am klengen Alter respektiv am virschoulesche Beräich ugeet. A Finnland gëtt e Kand, dat d'Landessprooch net op engem gewëssenen Niveau beherrscht, net ageschoult. Dat kann op den éischte Bléck diskriminatoresch kléngen, stellt awer op den zweete Bléck den Éducationssystem virun déi kruzial Aufgab, derfir ze suergen, dass all Kand mat deenen nämlechte sproochleche Viraussetzung seng schoulesch Carrière ufänke kann.

Iwwer 50% vun de Kanner, déi beim Schoulant-trëtt kee Lëtzebuergesch schwätzen, bedeit, dass iwwer 50% vun de Kanner vun Ufank u benodeelegt sinn! Dat ass fir eis net akzeptabel. Dofir fuerdere mir, dass endlech e Konzept, wat d'Sproochförderung am Précoce ugeet, ausgeschafft gëtt an dass d'Enseignanten domadder vertraut gemaach ginn.

Här President, wat mir an de leschte Méint während den Entrevueën an der Unterrichts-kommission ëmmer nees kloer gouf, ass d'Tatsaach, dass et keng Bildung ouni Bindung gëtt. Ob am Précoce, an der Grondschoul oder am Lycée, et ass ëmmer nees d'Fäegkeet vum Enseignant, eng konstruktiv Bezéiung zum Schüler opzebauen, déi d'Qualitéit vum Unterrecht an domat den Erfolleg an der Klass wesentlich beaflosst. Kee Wunner, dass de Georges Hengesch an der „Forum“-Nummer vum Mount Mäerz schreift: „Der Lehrer ist also einer der wichtigsten Faktoren des Unterrichtserfolges. Kein Wunder, dass man in verschiedenen Ländern nur die Besten überzeugen will, Lehrer zu werden.“

Effektiv, déi Enseignanten, déi een a gudder Erënnerung behalen huet, sinn déi, déi een als jonke Mënsch marquéeert hunn. Beandrockt hu si net nëmmen duerch hirt Fachwëssen, mä och a grad duerch hir Perséinlechkeet a besonnesch duerch hir Aart a Weis, Schoul ze halen, esou dass een als Schüler Interessé un der Matière krut. Beandrockt hu se letztlech och duerch hir Mënschlechkeet, duerch d'Fäegkeet, iwwerzeegend an hirem Fach an an hirem Engagement ze sinn, an duerch d'Fäegkeet, op den eenzelne Schüler anzegoen. Wat ech hei an e puer Sätz beschriwwen hunn, kléngt vläicht idealiséiert an e bëssen nom perfekten Enseignant, mä genee doranner gesi mir d'Käraufgab vun engem Enseignant.

Här President, wéi kann dës Bindung Entstoen? D'Demokratesch Partei ass dovunner iwwerzeegt, dass esou eng Bindung nëmmen dann entstoe kann, wann den Enseignant sech op seng pädagogesch Aufgab, nämlech d'Wëssensvermittlung, d'Fachdidaktik an d'Entwécklung vu Kompetenze ka konzentréieren. An dat ass schliesslech seng wichtegst Mission! All Stonn, déi e mat aneren Aufgabe verbréngt, zum Beispill mat deenen an de leschte Jore gewuessene bürokratesche Chargen, ass eng verluer Stonn, eng verluer Stonn fir den Enseignant, eng verluer Stonn fir de Schüler!

E jonke Mënsch, deen haut Enseignant ass oder wëllt ginn, kritt ëmmer méi Aufgaben, soll méi kënnen, ëmmer méi a fir ëmmer méi responsabel sinn, ouni dass awer seng Formation ugepasst gëtt respektiv ouni dass en déi néideg Mëttel an d'Hand kritt, fir seng zousätzlech Aufgabe gutt bewältigen ze kënnen.

Jonk Leit ginn op d'Uni fënnel Joer Franséisch oder Biologie studéieren, a wa se dann an eise Schoulssystem wëlle schaffen, verlaange mer vun hinnen, dass se gläichzäitig och Psycholog, Soziolog, Erzéier an esou weider solle sinn. Dozou schreift de Pädagog Wolfgang Endres a sengem Buch „Lernen lernen“: „Wahrscheinlich gibt es nicht viele Berufe, an die die Gesellschaft so widersprüchliche Erwartungen stellt wie an den Lehrerberuf. Gerechtfertigt soll er sein und zugleich menschlich und nachsichtig. Straff soll er führen, doch taktvoll auf jeden jugendlichen eingehen. Begabung soll er wecken, pädagogische Defizite ausgleichen, wobei hochbegabte Schüler gleichermaßen zu berücksichtigen sind wie begriffsstutzige. Kurz gesagt: Der Lehrer hat die Aufgabe, eine Wandergruppe von Spitzensportlern und Fußkranken bei Nebel durch unwegsames Gelände in nordsüdlicher Richtung zu führen - und zwar so, dass alle bei bester Laune und gleichzeitig an verschiedenen Zielorten ankommen.“

Dass mer eis net falsch verstinn: D'Demokratesch Partei wëllt keng Enseignanten, déi just hire Cours halen an total gläichgültig virun de perséinleche Problemer vun hire Schüler sinn. D'DP ass och net géint eng fächeriwwergräifend a kompetenzorientéiert Approche an de Coursen. Mä da muss een den Enseignanten och dofir déi néideg Mëttel an d'Hand ginn, zum Beispill mat gemeinsame Plagen am Stonneplang oder duerch eng spierbar Entlaaschtung

am administrativem Plang. Wat mir wëllen, ass, dass sech den Enseignant nees verstärkt op seng Käraufgab, nämlech déi pädagogesch Betreuung, an op d'Fachdidaktik konzentréiere kann. Mir wëllen, dass en e Léierexpert ass!

Här President, Fortbildung muss e selbstverständleche Reflex an der Carrière vum Enseignant sinn, en integrale Bestanddeel vu sengem Berufsfeld. Dacks gëtt jo aus bestëmmte Kreesser gesot, eis Schoulmeeschteren a Proff wiere generell fortbildungsresistent, reformfeindlech a stackkonservativ. Dëst Bild, dat am Kader vun den Diskussiounen ronderëm d'Reform vum Enseignement postprimaire dacks gebraucht ginn ass, stëmmt awer esou net! An dat beleeden d'Zuelen aus dem Rapport - den Här Adam huet et och uklänge gelooss: Esou ass beispillsweis d'Demande fir intern Formationen, also eng Demande vun enger Equipe oder enger Schoul selwer, fir sech fortzubilden, an de leschte Jore konstant eropgaangen a mécht haut beispillsweis méi wéi 40% vun alle Weiterbildungungen am Enseignement fondamental aus.

Firwat hält sech dat Bild vun fortbildungsresistenten Enseignant awer esou hartnäckeg? Dat huet och a vläicht grad domat ze dinn, dass d'Fortbildung net ëmmer praxisrelevant war an ass. Fir dass een Enseignant sech fir eng Formation continue beegeschtere kann, muss se awer staark praxisorientéiert sinn. Si muss mat sengen dagdeeglechen Experienzen ze dinn hunn an Äntwerten op konkret Froe liwweren, fir dass d'Chance besteet, dass sech doduerjer seng Praxis verbessere kann.

Dat ass hei am Land de Fall an och net. Et gouf an der Vergaangenheet ëmmer nees Weiterbildungungen, déi vun Theoretiker gehale goufen, déi kaum oder guer kee Kontakt zur Schoulrealitéit hunn. An och haut ass dat nach mat Momenter de Fall. Dofir muss de System vun der Weiterbildung op de Leescht geholl ginn, fir erauszefannen, wat fir Formationen effizient sinn an de konkrete Bedierfnisser vum Corps enseignant gerecht ginn, a wat fir eng net.

Och an der initialer Ausbildung vun de Schoulmeeschtere wier et noutwendeg, mat der Uni Lëtzebuerg zesummen ze kucken, wéi een derfir suerge kann, dass wierklech all Héichschoulprofessor Kontakt mam Terrain huet. Et geet net duer, héich wëssenschaftlech Artikelen ze schreiwen, wann ee kaum oder guer net an der Realitéit vun eise Grondschoule verankert ass. Mir haten an der Kommissioun doriwwer Rieds a mir sinn eis däreis och bewosst ginn.

Eent vun den Ziler an dësem Beräich muss et sinn, dass eng Formation continue dem eenzelnen Enseignant och nei Perspektiven a sengem Berufsfeld bitt, zum Beispill, dass e sech dowéinst op anere Felder, déi iwwer säi Fachberäich erausginn, betätege kann. Nëmmen esou ka Formation continue motivéieren.

Formation continue weinst der Formation continue, dat kann et net sinn! Dat ass just eng Fassade, eng eidel Stilübung, wou ee Stonnen zu Walfer, an der Stad oder an engem x-beliebig Lycée ofsetzt, ouni dass et e konkreten Néierschlag hätt oder huet, weder fir de Schüler nach fir den Enseignant, an domat och net fir déi eenzel Schoulgemeinschaften.

Formationen, déi an de Schoulen organiséiert ginn, also vor Ort, dezentral, an déi vun den Enseignant mat initiéiert ginn, well se op Bedierfnisser a Froen aginn, si villfach exzellent besicht. Mir sollten also och dëse Volet onbedéngt méi staark berücksichtegen a jee no Fall zertifizéieren. Dozou gehéiert och den „peer learning“, wou ee vun deem anere senger Erfahrung léiert, am beschten ënner professioneller Uleedung.

De Lëtzebuerger Auteur an Enseignant Manuel Bissen schreift 2008 a senger Veröffentlichung „Auf der Suche nach der guten Schule“ Folgendes iwwert déi kollegial Lehrerfortbildung: „Wesentliches praktisches Wissen muss von Praktikern in großen Teilen selbst erzeugt werden. Das Wissen, das für Innovationen in der komplexen Berufspraxis notwendig ist, kann nur teilweise in Kursen, Materialien oder Regelungen vermittelt werden. Es muss deshalb begleitend von den Lehrern selbst produziert werden, indem sie sich mit ihrer eigenen Berufspraxis beschäftigen.“ An hie schreift weider: „Schulen müssen allmählich ein Selbstverständnis als «lernende Organisationen» entwickeln. Auf diese Weise kann eine Dynamik entstehen, bei der Berufspraxis und Weiterbildung eng miteinander verwoben werden.“

Am Résumé kann een also aus der Siicht vun der Demokratescher Partei festhalen, dass en Enseignant e Léierexpert muss sinn. Den Enseignant muss esou encadréiert sinn, dass e sech op d'Schaffe mat de Kanner konzentréiere kann. Den Enseignant muss esou forméiert sinn, dass en net nëmme weess, wat en de Kanner soll bäibréngen, mä virun allem och, wéi en dat soll maachen.

Här President, de Filter „Fachwëssen“ soll och weiderhin eng Roll am Concours de recrutement spillen, mä awer net déi eenzeg. E reforméierte Concours muss nieft der Spezialitéit och aner Aspekter a Betruecht zéien, wéi zum Beispill d'Capacitéit vum Kandidat, fir ze argumentéieren, strukturiert ze rasonéieren oder eng Matière schülergerecht ze explizéieren. Och déi schrëftlech a mündlech Ausdrucksweis misst méi gezielt bewäert ginn, well dat nieft dem reng Fachlechen eng wesentlich Viraussetzung ass fir de Beruff vum Enseignant.

Mir kënnen eis als DP virstellen, dass een dem Examen-concours eng gewësse Stonnenzuel vu pädagogescher a fachdidaktescher Formation virschalt, dass een dës Formationen muss gemaach hunn, ier een um Concours däreif deelhuelen, entweder schonn op der Uni oder heimeem. Dat géif eis éischters erlaben, méi wéi nëmmen d'Fachwëssen ofzefroen, zweetens kéint hei souwuel de Kandidat wéi och de Jury besser erkennen, ob e fir de Beruff vum Enseignant géeegeent ass oder net.

Virun allem muss de Concours transparent an alle Fächer organiséiert ginn. Mir als DP verlaangen Transparenz an allen Detailer, Transparenz, wat d'Inhalter ugeet, déi ze préiwe sinn, Transparenz och an de Bewäertungskritären, déi am Concours applizéiert ginn. Transparenz awer och am Rekrutement vun deenen, déi ze bewäerten hunn. Dat heescht, dass Plazen, déi an de Jurye fräi sinn, och offiziell bekannt gemaach ginn, fir dass jiddwereen, deen Interessé huet, sech melle kann.

D'Plaze mussen also ausgeschriwwen ginn an d'Kritären, no deenen d'Juryen zesummegeat ginn, mussen vu virera bekannt sinn. Firwat net d'riwwer nodenken, fir Profen, déi Engagementer, unerkannte Formationen op akademischem oder grad op pädagogeschem Plang vireweisen hunn oder u Schoulbicher a pädagogesche Konzepter konkret matgeschafft hunn, eng Prioritéit ze ginn?

Här President, komme mer zu de Schlussfolgerungen vun dësem Rapport.

Éischters: Eng vun de Konklusiounen vum Rapport besteet doranner ze soen, dass et schwieereg ass, fir d'Schoulmeeschteren am Fondamental esou ze forméieren, dass si op all Niveau kënnen intervenéieren. Mir mengen dofir, dass een an der Ausbildung vun de Schoulmeeschteren nieft der genereller Ausbildung och méi gezielt Spezialisatiounen, wéi zum Beispill d'Schaffe mat klengen Kanner oder mat Kanner, déi Léierschwieregkeeten hunn, muss méiglech maachen. Dëst ass och eng Méiglechkeet, fir der wuessender Heterogenitéit vun der Schoulpopulatioun Rechnung ze droen.

Zweetens: Eng weider Konklusioun vum Rapport seet, dass een deene Kandidat fir de Schoulmeeschterberuff, déi hir Formation am Ausland gemaach hunn, déiselwecht Viraussetzung beim Examen-concours muss gi wéi hire Kollegen, déi zu Lëtzebuerg ausgebilt goufen. De Moment ass d'Duerchfallquot - dat ass am Rapport nozeliesen - nämlech wesentlich méi héich bei deenen, déi aus dem Ausland kommen. Hei mussen mer Remedur schaffen, well eis soss ze vill gutt Kandidat scho vu virera verluer ginn.

Drëttens: Am Rapport gëtt d'Fro opgeworf, ob d'Schoule méi Matsproocherecht beim Choix vum Personal solle kréien. D'Demokratesch Partei ass vis-à-vis vun dëser Iddi opgeschlossen. Mir fuerdere scho méi laang Autonomie fir eis Schoulen, virun allem a pädagogesche Froen, an do däreif ech nach eemol och de Georges Hengesch am „Forum“ zitieren, wann hie schreift: „Sie [die Lehrer] brauchen mehr Freiheiten - für eigene Ideen und für guten Unterricht, Freiraum und Zeit für den einzelnen Schüler, für Projekte und Zusammenarbeit auch mit außerschulischen Einrichtungen.“

Op laang Siicht ka meng Fraktioun sech och virstellen, dass eis Schoule méi Fräiraum a Personal froe kréien, dass si hirt Personal zu engem Deel selwer kënnen eraussichen, an zwar esou, dass dat Personal och an hirt jeeweilegt pädagogesch Konzept passt.

Eis als DP ass bewosst, dass sech mat esou enger Approche eng Rei Froen a puncto Berufspraxis vum Léierpersonal wäerte stellen. Dës Froe soll een an aller Rou mat deene betreffenen Acteuren beschwätzen. Si sollen awer net als Virwand benotzt ginn, fir eng Diskussioun vu vireran ze blockéieren.

Véiertens: De Rapport weist drop hin, dass eng Rei vu jonke Schoulmeeschteren a Léierinnen - haaptsächlech am Fondamental - am Ufank vun hirem Berufsliewen iwwerfuerdert si mam Schoulhalen. De Problem ass, dass vill Enseignant mat den dagdeeglechen Problemer an hirem Beruff elenggelooss ginn. Et feelt hinne selwer un enger Referenz a Berodungsperson, enger Aart Coach, dee si a méi kritisches Momenter beréit, ënnerstëtzt an orientéiert. Dofir menge mir, dass et sënnvoll wier, hinnen am

éischte Joer e speziell forméierte Begleeder un d'Säit ze stellen, fir si ze ënnerstëtzen an ze begleeden.

Dës Tache misst eigentlech den Inspekter kënnen iwwerhuelen. Et ass awer esou, d'Erfahrung léiert eis dat, dass d'Inspektorat opgrond vu villen administrative Chargen einfach net méi an der Lag ass, dës pädagogesch Hëllefstellung ze ginn. An de Lycéen ass se bis elo iwwerhaupt net virgesinn.

Aus där Tatsaach eraus ergi sech fir eis dräi Fuerderungen: éischters, eng Entlaaschtung vum Inspektorat vu bürokrateschen Tachen, zweetens, d'Aféierung vum Schouldirekter am Fondamental, deen dann och e groussen Deel vun den administrative Chargen iwwerhuele kann, an drëttens, pädagogesch Conseillieren am Postprimaire, wou d'Proff besonnesch a schwierege Situatiounen Rot an Hëllef kënnen sichen.

Fënneftens: Am Bericht gëtt d'Fro vun engem Préstage fir d'Kandidat fir de Beruff vum Proff opgeworf. Mir wëllen dës Iddi net direkt verwerfen - et gouf jo schonn e Préstage a fréieren Zäiten -, mengen awer, dass ee mat enger Reform vum Examen-concours, wou een eng pädagogesch a fachdidaktesch Grondausbildung als Viraussetzung géif virdrusetzen, besser géif fieren.

Op alle Fall mussen mer awer vum exklusiven Teste vu rengem Fachwëssen ewechkommen. Dobäi ginn eis ze vill gutt potenziell Enseignant verluer, an dat nëmmen, well se net woussten, vu wéini bis wuer d'Temps modernes genee gedauert hunn, oder well se eng bestëmmten Zort vu Kueben net kannt hunn, well se am Master den Akzent op Botanik geluecht hunn.

Sechstens: De Rapport stellt d'Fro an de Raum, ob een net eng gewësse Spezialisatioun vun den Enseignant brauchen en fonction vum Alter vun de Kanner. Mir sinn der Meinung, dass dëst net néideg ass. E gutt ausgebildete Schoulmeeschter oder Proff muss an der Lag sinn, sech op den Alter vu senger Schüler anzustellen. Do deelen ech och d'Meenung vum Ben Fayot, deen dat och an der Kommissioun zum Ausdrock bruecht huet.

Sécherlech léiert a begräift e Kand vun zwielef Joer ganz anescht wéi e jonken Erwuessene vun 18 oder 19 Joer. Et gehéiert awer zur Käraufgab an zur Verantwortung vun engem Enseignant, sech an d'Lag vu senger Schüler ze versetzen an hinne jee no Alter en adequate Programm respektiv Unterrecht ze ginn. Dat verhémmert net, dass een an der Fortbildung spezifesch Coursen ubitt, wéi een Enseignant altersgerecht Schoul hale kann, mä mir schwätzen eis géint eng altersspezifesch Spezialisatioun vu vireran aus.

E gudder Proff muss souwuel op Septième wéi op Deuxième enseigneiere kënnen. E muss sech jee no Alter an d'Lag vun alle Schüler eraffille kënnen. E gudden Enseignant ass net deen, dee sech d'Roséngen aus dem Kuch pléckt a just mat onproblematischesch Schüler schaffe kann. E gudden Enseignant muss e pädagogesch Feingespür hunn a sech grad kënnen an d'Roll vun deene versetzen, déi et méi schwéier hunn. E Lycéesproff ass schliesslech keen Universitétsproff. En huet eng prioritär pädagogesch Mission.

Här President, d'DP wäert sech an der zoustänneger Chamberskommissioun staarkmaachen, fir dass d'Diskussioun iwwert de Lehrerprofil weidergeet. Mir setzen eis fir eng Schäerfung vum Profil vum Enseignant an. Et soll vu virera kloer sinn, wat d'Missionen sinn a wat fir Aufgaben net ënnert déi vun engem Enseignant fallen.

Am Prinzip gëtt jo ëmmer eng Aart Superfra oder Supermann fir de Beruff gesicht, deen als „Prügelknabe der Nation“ fachlech, didaktesch, pädagogesch, éducativ a psychologisch Topleeschtunge muss bréngen, ouni auszebrennen oder ze verzweiwelen. Iwwer e Profil eraus verlaange mir dofir och, dass d'Enseignanten an der Weiterbildung Hëllefstellungen fannen, wéi zum Beispill e Coaching, déi derzou bräidroen, dass den Enseignant net ausbrennt an net an eng eidel Routine eraleeft oder sech an enger eider Routine verleeft.

Den Enseignant ass fir eis also eng zentral Figur am schoulesche Geschehen. Fir eis als Demokratesch Partei ass den Enseignant dofir Wëssens- a Kompetenzvermittler a kee Bürokrat, e Pädagog a keen Ersatzerzéier oder Hobbypsycholog, e Begleeder, deen orientéiert, a kee Familienberater. Mir wäerten eis als DP der Diskussioun op dësem Terrain net entzéien an eis Proposen an zukünftige Échangen a Gespréi-





cher innerhalb vun der zoustänneger Kommis-sioun abrénge.

Erlaabt mer, zum Schluss dem Rapporteur, dem President vun der Kommissioun, de Memberen an och der Madame Huberty vun der Éduca-tiounskommissioun en häerzleche Merci ze soe fir hir respektiv Aarbechten a fir déi gutt Ze-summenaarbecht.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bauler. An als éischt Riednerin ass d'Madame Tessy Scholtes agedroen. Madame Scholtes, Dir hutt d'Wuert.

**Débat**

► **Mme Tessy Scholtes** (CSV).- Här Pre-sident, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dank dem exzellente Rapport an deene villen interessan-ten Intervenanten an der Chamberskommis-sioun kënnen mer haut hei dëse wichtegen Dé-bat féieren.

Eis Gesellschaft huet sech verännert an d'Schoul, dat heescht och d'Léierpersonal, muss sech den neien Erausforderunge stellen. Déi éischt grouss Feststellung ass, dass d'Hete-rogenitéit vun eiser Schoulpopulatioun iwwert déi lescht Jorzéngte stänneg méi grouss ginn ass duerch déi staark Immigration, déi eist Land kennt.

E relativ rezente Phenomeen ass, dass vill vun dëse Leit, déi et op Lëtzebuerg zitt, net méi on-bedéngt aus deene fir Lëtzebuerg mëttlerweil méi traditionellen Immigrationen länner wéi Portugal, Italien oder och eis Nopeschlänner kommen. Vill vun den Auslänner, déi zu Lëtze-buerg wunnen, stamen aus Länner, déi sech ausserhalb vun der Europäescher Unioen be-fannen. Déi grouss Erausforderungen, déi sech an dësem Kontext un eis Schoul riichten, sinn déi vill verschiddearteneg Sproochen a Kultu-ren, déi sech hei begéinen.

Iwwert d'Halschent vun de Schüler am Précoce schwätze kee Lëtzebuergesch doheem a vill ën-nert hinne sinn och net familiär mat deenen zwou aneren administrative Sproochen vun ei-sem Land. Dëst eleng seet scho vill iwwert d'Ufuerderungen aus, déi sech un eis Schoul riichten, där hir Aufgab et ass, all Kand ze inte-gréieren.

Een anert wichtegt Element, dat eise schoule-sche Kontext vill beaflosst, ass de familiäre Kon-text vun de Schoulkanner. An eiser Gesellschaft liewen haut ëmmer méi elengerzéiend Elteren, Patchworkfamilljen an Elteren, déi alle béid de ganzen Dag schaffen. D'Konsequenz vun dë-sem Wandel an eiser Gesellschaft ass, dass d'Kanner ganz anescht opwuesse wéi fréier, eng Realitéit, déi sech an der Konzeptioun an an der Aufgab vun der Schoul vill méi zréckspi-gelen muss.

Et ass eng Tatsaach, dass d'Kanner de gréissten Deel, wann net souguer dee ganzen Dag aus-serhalb vun hirem Doheem verbréngen an dass de Gros vun hirer Erzéiung net méi doheem, mä an de schouleschen an ausserschoulesche Strukturen geschitt. Dëse Wandel verlaangt eng nei Definitioun vum Profil an de Missioun vum Léierpersonal.

Nieft den Ännerunge vum familiäre Kontext bréngt eis heiteg Gesellschaft och aner grouss Changementer fir d'Kanner mat sech: D'Kanner verbréngen ganz vill Zäit dobannen an hale sech net méi esou vill dobaussen op. Vill Zäit gëtt vi-rum Computer oder Fernseh verbruecht, wou si dacks mat Biller, Impressiounen an Informa-tiounen iwwerschwemmt ginn, mat deene si net wëssen ëmzegoen.

Hinne feelen engersäits déi néideg Bewegung an d'sozial Kontakter, déi zum Beispill an de Sportsveräiner, der Musek oder de Scouten ugebuede ginn. Anersäits si vill vun hinne permanent mat enger Prise en charge vu pro-fessionelle Leit konfrontéiert a fanne sech a Gruppen erëm, wou si sech upasse mussen. Och de materielle Konsum spillt eng iwwerpro-portionéiert Roll am Schüler sengem Liewen. Den Individualismus hält zou an déi tësche-mënschlech Relatiounen verléieren u Bedeitung.

All dëst spigelt sech an hirem Verhalen an der Schoul mam Léierpersonal an de Matschüler erëm. Wann een nämlech mat Leit aus dem En-seignement schwätzt, huet een dacks d'Gefill, dass d'Zuel vun de Kanner, déi verhalensop-fällig sinn, eropgeet. Dëst ass an eisen Aen d'Konsequenz vun der heiteger Liewensaart a -weis vun de Kanner, vun där ech elo just ge-schwat hunn, an d'Schoul muss sech och hei-mat auserreesetzen a Léisunge fannen.

E weideren Effet, deen Afloss op eis Schoulen an eis Schüler huet, ass de Wirtschaftssystem. D'Globaliséierung bréngt en erhéichte Konkur-renzdruck mat sech, dee sech duerch e ge-wëssenen Effektivitéits- an Effizienzdruck op eis Schoulen an op d'Erzéiung vun eise Kanner auswierkt. Esou stinn d'Bildungsprozesser ëm-mer méi am Vierdergrond. Begreffer wéi Bildungsstandards, Qualitéitsmanagement, Eva-luatioun a Leeschtungstester fannen hire Wee an d'Schoulen, esou wéi et jo och den aktuelle Reformprozess vun eise Schoulssystem beleet.

Lëtzebuerg ass keng Insel, an dofir ass et wich-teg, dass och mir eise Schoulssystem esou adap-téieren, dass mir deenen Ufuerderungen, déi sech heiraus fir eis Schüler erginn, Rechnung droen. D'Schüler vun haut mussen méi flexibel, méi autonom, méi leeschtungsmotivéiert sinn an och léieren, mat hirem Wëssen ëmzegoen.

An dach mussen mir eis och op den humaniste-sche Gedanke vun der Roll vun der Schoul besënne kënnen. Fächer wéi Musek, Sport a Konscht, déi op kruzial Aart a Weis zur ganz-heetlecher Erzéiung a Bildung vum Schüler bäi-droen, mussen all hir Wichtigkeet behalen. D'Humaniséierung, d'ganzheetlech Denken a Léiere souwéi och d'Perséinlechkeetsentwék-klung vun de Schüler sollen an der Schoul eng wichteg Plaz hunn.

Schliesslech mussen ee sech och iwwert de Stel-lewäert vum Enseignant an eiser Gesellschaft Gedanke maachen. Fréier war den Enseignant eng Respektpersoun, grad wéi de Paschtouer oder de Buergermeeschter. Hautdësdays huet sech dat Blatt gedréit. Seng Missiounen a Res-ponsabilitéiten huele wuel zou, op där anerer Säit ass en awer och ëmmer méi der Kritik vun den Elteren ausgesat. Mir wësse jo, dass vill Leit beim Thema Schoul matschwätze wëllen, well jiddweree selwer an der Schoul war a sech deementspriedend umoosst ze wëssen, wat dat Bescht fir seng Kanner ass.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass wichtig, sech der ganzer Komplexitéit vun der Ent-wécklung vun eiser Gesellschaft bewosst ze ginn, fir heiraus schléissen ze kënnen, wat dëst alles fir d'Schoul an den Enseignant bedeit. A mengen Ausféierunge wäert ech mech fir d'Éischt mat de Besoinë beschäftegen, déi zur gesonder Entwécklung vum Kand a Jugendle-che bäidroen, fir an enger zweeter Phas doraus schléissen ze kënnen, wéi de Profil an d'Mis-siounen vum Enseignant vun haut ausgesi mussen. Schliesslech wäert ech Stellung huelen zur initialer Formatioun vum Enseignant wéi och zu der Formation continue.

Wat brauch ee Kand, wat brauch e Jugendle-chen, fir sech ze entwéckelen?

Här President, fir eis ass d'Schlëselelement vun der Schoul, dass d'Bedierfnisse vun de Schüler am Mëttelpunkt stinn an dass sech d'Roll, d'Aufgaben an d'Missiounen vum Enseignant ronderëm de Schüler a senger verschidde-nen Entwécklungsphasen, déi staark vu sengem so-zio-kulturellen Ëmfeld geprägt ginn, deklinéiere mussen.

D'Ännerunge vun eiser Gesellschaftsstruktur conditionnéieren d'Ëmfeld, an deem d'Kanner an déi Jugendlech opwuessen. Dëst muss sech an der Aart a Weis zréckspigelen, wéi d'Kanner vun haut ënnerriicht an awer och encadréiert ginn.

Wat ass heiraus fir d'Bedierfnisse vum Schüler vun haut ze schléissen? Oder anescht gedréit: Wéi eng Erausforderunge stelle sech dem En-seignant vun haut? An et ass kloer, dass dës Erausforderungen differéieren, jee nodeem, ob ee vun der Grondschoul oder vum Lycée schwätzt. An all Stadium vun hirer Entwécklung sinn d'Kanner an déi Jugendlech anescht, an esou muss och den Enseignant capabel sinn, seng Unterrechtsgestaltung deementsprie-chend unzepassen.

Am Précoce an am Préscolaire entdeckt an ent-wéckelt d'Kand säi motoresche Répertoire haaptsächlech duerch d'Spillen. Et huet och een natierleche Besoin, fir sech ze bewegen, a brauch Méiglechkeeten, fir sech auszutoben. An dësem Sënn muss d'Bewegungserzéiung räich a villfältig sinn an de Kanner et erméigle-chen, hir sensorieel a motoresch Fäegkeeten ze entwéckelen.

Och d'Entwécklung vun de kognitive Funktiou-nen ass an dësem Alter besonnesch intensiv. D'Kanner saugen all Informatiounen wéi Schwämm op a sinn an dësem Alter beson-nesch rezeptiv, an dat muss gefördert ginn. Esou spillt zum Beispill déi musikalesch Fréier-zéiung eng wichteg Roll an dësem Alter. Duerch rhythmesch Übungen wéi och duerch Sangen an Nolauschteren entwéckelt d'Kand seng Motorik a seng Sprooch.

All wëssenschaftlech Etüde beleeeën zudeem, dass et am Stadium vun der fréister Kandheet ass, wou eng qualifizéiert Prise en charge am meeschten d'Entwécklung vun de Kanner be-aflosst an, obwuel se alle soziale Gruppen ze-

guttkennt, virun allem förderlech fir Kanner aus de benodeelegte Milieuen ass.

No dësen Ausféierunge stellt sech d'Fro nom Stellewäert vum Précoce an der Spillschoul an der Erzéiung vum Schüler. Déi grouss Be-deitung vun engem ganz spezifischen Unter-recht, deen all deem Rechnung dréit, gëtt zur Evidenz. Dës Iwwerleeung huet Répercussioun-en op d'Formatioun vum Léierpersonal vun dëser Altersstuf, op déi ech méi spéit am Detail zréckkomme wäert.

Aner Studië beleeeën, dass et fir d'Entwécklung vun de Kanner, also vun de Schüler, ganz wich-teg ass, dass si sech an enger Gemeinschaft erëmfannen, déi si encadréiert an ënnerstëtzt, wou si stabil a vertraulech Relatiounen wéi och Repèren opbaue kënnen. Nëmmen dann ass et méiglech, fir den néidege sougenannten „cadre propice à l'apprentissage“ ze garantéieren.

An dësem Sënn ass d'Gestaltung vun engem strukturéierten Alldag ee ganz wichtegt Ele-ment an der Entwécklung vun de Kanner. Esou ee strukturéierten Alldag an der Grondschoul, wou ganz vill Kanner och an enger Maison re-lais ageschriwwen sinn, muss d'Resultat vun enger intensiver Zesummenaarbecht tëscht dë-sen zwou Structure sinn.

D'Roll an d'Zesummeschaffen tëscht den Enseignant an den Educateuren huet sech geän-nert a muss besser definéiert ginn. Si mussen sech bewosst sinn, dass d'Kanner de Gros vun hirem Dag an zouene Raim, innerhalb vun engem organiséierte Kader mat Aktivitéite vu moies bis owes verbréngen mussen. Dëst bedeit vill Stress fir d'Kanner. Hei wollt ech de kierz-lech am Regierungsrot ugehollene Plan périsco-laire local ernimmen, deen d'Zesummenaar-becht tëscht der Grondschoul an de Betrei-ungsstrukturen institutionaliséiere wäert an deementspriedend eng ganz wichteg Roll spille muss.

Fir de Lycéesschüler, deen net méi no der Schoul an enger Maison relais betreit ka ginn, stellt sech d'Fro no engem périscolaire Enca-drement, besonnesch fir déi méi jonk Jugend-lech. Dës Fro muss am Kader vun den Diskus-siounen iwwer méiglech Ganzdagsschoule fréier oder spéider beäntwert ginn.

Déi meescht Pädagoge si sech eens, dass kleng Kanner net ze vill Intervenanten hu sollten, mä dass Referenzpersounen wichteg sinn. Esou freet ee sech, ob bis zu siwen Intervenanten inner-halb vun enger Klass an der Grondschoul de Bedierfnisse vun de Kanner entgéintkommen, woubäi deen een net onbedéngt weess, wat deen aneren déi Stonn virdru gemaach huet.

Bei de Lycéesschüler si mir och der Meinung, dass op de Klasse vum Cycle inférieure eng limi-téiert Zuel vun Enseignanten de Besoinë vun de Schüler zeguttkënn. Haut mussen d'Kanner an déi Jugendlech Ënnerstëtzung kréien, fir och mat där grousser Unzuel vun Informatiounen, Donnéeën an Impressiounen léieren ëmzegoen, deene si de ganzen Dag ausgesat sinn.

E responsablen Ëmgang mat dësen Aspekter ass bedeitend fir déi gesond Entwécklung zu engem ganzheetlechen a verantwortungsvolle Mënsch. D'Villfältigkeet vun de Kulturen an den Nationalitéite maachen et de Schüler dacks schwéier, hir Repèren ze fannen. Och hei brau-che si Orientatioun an Ënnerstëtzung.

Mä wat sinn dann elo d'Aufgabe vun der Schoul, ergo den Enseignanten?

Opgrond vun de Changementer vun eiser Gesellschaft an de Bedierfnisse fir d'Schüler, déi sech heiraus erginn, muss och d'Schoul sech änneren. Mä d'Essenz muss d'Wëssensver-mëttlung bleiwen, an zwar am Sënn vun enger nobler Missioun: Kanner a Jugendlecher zu mündegen, kritesch denkende Bierger erzéien, hinnen op där enger Säit hëllefen, sech eng zo-lidd Wëssensbasis unzëeegnen an déi och kënnen unzewinnen an ze hannerfroen, hin-nen hëllefen, mat der Villfältigkeet vun Informatiounen eens ze ginn, an hinnen op där anerer Säit den humanistesche Grondgedanken nobréngen.

Eleng dës Aufgabe verlaange scho vill Asaz säi-tens dem Léierpersonal. Mä dat eleng geet net duer. Dacks gëtt vum Enseignant vill méi ver-laangt wéi just Schoul halen. Et ass kloer, dass d'Roll vum Enseignant sech an de leschte Jor-zéngte geännert huet. Si geet wäit iwwert dat Schoulescht eraus. Dëst ass e Paradigmewissel a bedeit, dass d'Definitioun an de Profil vum Enseignant de Gesellschaftschangementer mussen ugepasst ginn.

Leider ass feststellen, dass et keng Beschrei-wung mat normativem Wäertgehalt vum Profil vum Professer oder vum Schoulmeeschter gëtt. De Règlement grand-ducal iwwert d'Forma-tioun an de Stage vun de Professe beschreift zwar, wat dem zukünftige Proff seng Aufgabe sinn, mä e geet net weider an den Detail, wat déi méi perséinlech Kompetenzen ugeet. Och den Numéro spécial vum „Courrier de l'Éducation

nationale“ vun 2005 geet net dorop an. Fir d'CSV-Fraktioun wier dëst awer immens wich-teg.

An esou eng Definitioun vum Profil vum Schoulmeeschter a vum Prof missten eiser Usicht no verschidde perséinlech a mënschlech Grondkompetenzen niewent deenen essenzielle pädagogeschen a fachbezunnene Kompeten-zen onbedéngt mat eraflëssen. Mir deelen dem neiseelännesche Professer John Hattie seng Usicht, dass an der Klass virun allem „the tea-chers matter“ am Vierdergrond steet an dass mam Enseignant senger Kompetenzen a sen-gem Engagement vill steet oder fält.

Wat heescht dëst dann elo konkret? Fir eis muss een Enseignant fir d'Alleréischst d'Kanner gären hunn a gäre mat hinne schaffen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Tessy Scholtes** (CSV).- Hie brauch Flexibilitéit an Autoritéit, Motivatioun a Rigueur, Gedold an Disponibilitéit wéi och Kreativitéit. Um Plang vun der Perséinlechkeet si sozial, mo-ralesch, affektiv an intellektuell Qualitéiten, déi déi néideg Motivatioun fir de Beruff garantéie-ren, onbedéngt noutwendeg, souwéi och Ver-ständnis an Oppenheet fir mënschlech a gesell-schaftlech Problemer.

Hautdësdays muss den Enseignant ofwiessele kënnen tëscht dem oppenen Unterrecht an dem Frontalunterrecht, wann d'Matière et ver-laangt. Hie muss jee no Unterrechtssituatioun a Klass mol straff féieren, mol d'Schüler selwer schaffen an experimentéiere loossen. Hie muss kënnen differenzéiert ënnerriichten an op d'Schwächen a Stärken vun all Kand agoen. Hie muss kënne fächeriwwergräifend a kompe-tenzorienteert Schoul halen. Hie soll keen Een-zelkämpfer sinn, mä capabel sinn, am Team respektiv an der Équipe pédagogique ze schaf-fen. Hie muss ëmmer méi de Kontakt mat den Elteren aus verschidde kulturellen an erzéie-reschen Hannergrënn sichen an domat ëmgoe kënnen.

Den Enseignant an der Grondschoul wéi och am Lycée soll och kënnen e Quereinsteiger sinn an eisen Aen, dee schonn Erfahrungen am Be-ruffsliewen ausserhalb vun der Schoul gemaach huet a grad weinst dësen Erfahrungen een anere Bléck, vläicht méi e breet gefächerte Bléck, op d'Schoul wërft. De Wee zu enger adaptéierter Formatioun fir dës Leit misst opge-maach ginn.

Wann een elo iwwert de Profil vum Enseignant diskutéiert, stellt sech déi grouss Fro vun enger Differenziatioun vum Profil vum Enseignant an eise Schoulen. Esou ënnerscheede mir momen-tan graff gesinn tëscht dem Schoulmeeschter, deen als sougenannte Generalist an der Grond-schoul Schüler am Prinzip vun dräi bis zwielef Joer ënnerriicht op där enger Säit, an dem Pro-fesser, deen als sougenannte Spezialist a meeschtens engem Fach d'Schüler am Lycée an der Regel tëscht dräizéng an nonzéng ën-nerriicht.

Ier ech méi spéit op den Inhalt vun der Forma-tioun selwer ze schwätze kommen, wollt ech am Numm vun der CSV-Fraktioun ënner-sträichen, dass mir fir d'Bäibehale vum Schoul-meeschter mat senger Generalisteformatioun plädéieren - mat enger Ausnahm awer: Als Schlussfolgerung vun deem, wat ech iwwert d'Bedierfnisse vun de Schüler aus dem Cycle 1, also dem Précoce an der Spillschoul, gesot hunn, hu mir de fréieren Ausbildungssystem, wou d'Formatioun vun den Enseignanten aus dem Précoce an der Spillschoul getrennt vun deenen aus der Primärschoul war, besser fonnt, well awer enorm Ënnerscheeder an der Ent-wécklung vum Cycle 1 bis an de Cycle 4 be-stinn.

Déi aktuell Differenziatioun, déi hei an der For-matioun an och am Concours gemaach gëtt, ass net ausschlaggebend fir de spéidere Choix - dat muss jo och emol eng Kéier gesot ginn!

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Tessy Scholtes** (CSV).- Am Kader vun der Grondschoul stellt sech awer d'Fro vun de spezialiséierten Intervenanten an de Fächer Sport, Konscht a Musek.

Firwat net endlech manifestement qualifizéierte Leit mat engem ofgeschlossene fachspezife-schen Unisstudium de Wee fir an d'Grond-schoul opmaachen? Virun allem, wann ee weess, dass dës enorm wichteg Fächer dacks als Stéifkanner an der Formatioun vun de Schoulmeeschteren an deemno och duerno am Ausübe vum Beruff behandelt ginn. Hei misst een zudeem de Prinzip vun den Déchargé vum Léierpersonal iwwerdenken.

Ze bemerken ass och, dass d'Verdeelung vun de Klassen am Intérêt vun de Bedierfnisse vum Kand an net no perséinleche Convenancen or-ganiséiert gi muss.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!





► **Mme Tessy Scholtes** (CSV).- Här President, fir d'CSV ass de Schoulmeeschter d'Referenzpersoun fir d'Kand a muss eng Virbild-funktioun vis-à-vis vun de Schüler erfëllen, där hie sech ëmmer bewosst muss sinn.

Dernieft muss hien natierlech och iwwer all d'Kenntnisser verfügen, déi um Programm stinn, a sech souwuel mëndlech wéi och schrëftlech kloer ausdrécke kënnen, eng sécher Orthografie hunn, een héijen Niveau an der Grammaire an an der Syntax, ee mathematescht Basiswëssen an elementar Kenntnisser an der Geschicht, de Sciencen an der Geografie. Hie sollt och Grondkenntnisser am Sport, der Musek, an der Konscht souwéi och an der Sonderpädagogik hunn.

Nieft dem zolitte Fachwësse brauch de Schoulmeeschter natierlech och didaktesch a pädagogesch Kompetenzen, fir dat Wësse kënnen ze vermëttelen. Esou drängt sech d'Fro op, ob de Schoulmeeschter eleng all dëst bewältege kann. Mir fannen, dass de Schoulmeeschter, de sougenanntene Generalist, deen als Vernetzer tëscht deene verschiddene Léierprozesser vum Schüler muss ugesi ginn, op seng Équipe pédagogique zrëckgräife kënn muss. An dëser Équipe soll hie sech éischters iwwert déi verschidde Problemer vun den eenzelne Schüler austausche kënnen, awer och konkret Hëllef bei hirer Bewältegung kréien.

Dofir begréisst d'CSV, dass dat neit Schoulgesetz eng regelméisseg Konzertatioun tëscht dem Léierpersonal an de pädagogeschen Équipé virgesäit souwéi och op d'Hëllef vu multiprofessionellen Équipes zrëckgräife kann. Mir sinn der Meenung, dass d'Konzepitioun vum Schoulmeeschter als Einzelkämpfer haut net méi oprechterhale gi kann. De sougenannten Teamteaching ass deemno an eisen Aen och e wichtegt Element vum moderne Schoulhalen.

Am Laf vun der Zäit krut de Schoulmeeschter ëmmer méi Aufgaben, fir déi hien net onbedéngt forméiert ass: de Schoulmeeschter als President oder Member vum Schoulcomité, als Bindeglied tëscht Schoul a Maison relais, de Schoulmeeschter am Appui vun de schwache Schüler, am Accueil vun de Primo-arrivants, an der Hausaufgabenhëllef oder am Encadrement vun de Flüchtlingsklassen - fir der just e puer opzezielen. All dës ganz wichteg an deelweis nei Elementer muss vum Schoulmeeschter verinnerlecht an an der Formatioun berücksichtegt ginn.

D'Grondschoulgesetz vun 2009 huet och d'Astellungspolitik vun de Schoulmeeschteren an de Gemenge verännert. D'Gemengen hunn elo kee Matsproocherecht méi, ee Schrëtt, dee mir als CSV als positiv bewäerten, well dat sech net ëmmer esou einfach virdu gestalt huet.

Mir bedauern awer, dass d'Gemengeverantwortlech deelweis net méi wëssen, wat an hire Schoule leeft, a plädéieren nach ëmmer fir de Schouldirekter, deen de Lien tëscht der Gemeng an der Schoul op eng professionell Aart a Weis garantéiere kéint.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Tessy Scholtes** (CSV).- De Schouldirekter kéint an engems derfir suergen, dass endlech eng Uniformisatioun am Schoulhalen an eiem Ländche stattfanne kéint. Dat ass am Moment net de Fall an d'Schoulhalen...

(Interruption)

...variéiert jee no Inspekter vun Arrondissement zu Arrondissement.

Léif Kolleginnen a Kollegeen, och am Lycée ännert sech d'Roll vum Enseignant. Mir sinn der Meenung, dass een net sollt tëscht verschiddenen Zorte vu Lycéesproffen, jee nom Alter vum Jugendlechen, ënnerscheeden. Mir denken, dass de Lycéesprofesser, dee seng Formation pédagogique ofgeschloss huet, souwuel à même ass, Schüler aus dem ënneschte wéi och aus dem ieweschten Zyklus um Secondaire ze ënnerriichten. Et ass zum enge vill méi ofwiesslungsräich an zum anere complémentaire fir de Proff, dee säi Fach souwuel dem Septiëmesschüler vun der Basis u vermëttelen kann, wéi och de Premières- oder Treizièmeschüler op den Ofschlossesame preparéieren kann.

Fir eis huet d'Fro, wéi de Proff virun allem déi jonk Schüler encadréiert, méi Bedeitung. D'Konzept vun engem Tuteur, dat heescht enger méi enker Begleedung an Ënnerstëtzung duerch de Proff, fanne mir an dësem Kontext interessant. Besonnesch bei deene Schüler, déi vun doheem leider net esou vill Hëllef kréie kënnen, mécht d'Afféierung vun engem Tutorat Sënn.

D'Afféiere vun enger méi reduzéierter Unzuel u Proffen op deenen ënneschte Klassen ass fir eis och eng Pist, iwwert déi ee kéint nodenken. An dësem Fall wier de Proff, deen nieft sengem Fach en zweet Fach ënnerriichte kéint, natierlech vu Virdeel, an d'CSV verschléisst sech, ënner Virbehalt vun adaptéierte Formatiounen an dës Richtung, dëser Optioun net.

Et soll een och net vergiessen, dass de Proff mat deelweis ganz verschiddenaartege Schoulpopulatiounen am Lycée classique engersäits an am Lycée technique anerersäits konfrontéiert ass. De Proff muss sech bewosst sinn, dass d'Zilsetzungen an d'Erausforderungen net déiselwecht sinn, an hie muss säin Unterrecht deementspriedend adaptéieren an ajustéieren.

Esou erweidert sech och am Lycée d'Handlungsfeld vum Enseignant steteg, wéi Dir gesitt: vum Régent iwwert den Tuteur, wou déi sozial Dimensioun ëmmer méi wichteg gëtt, den Enseignant vu sougenannten „Mosaikklassen“, dat heescht Problemschüler, bis zu der Fonctioun vum Direkter, an ech kéint nach weiderfueren.

Ass de Proff op all dës Erausforderungen genügend virbereet? D'CSV ass der Meenung, dass an der Ausbildung nach Handlungsbedarf besteet. Verschidden Aspekter mussen de Wee an d'Formatioun fannen, souwuel an der Theorie wéi och an der Praxis.

Schliesslech muss och am Lycée d'Zesummenaarbecht tëscht de Proffen eng nei Dimensioun kréien. Begreffer wéi Teamteaching an Assistenzprofessere kéinten eng Bedeitung hei kréien.

Dir Dammen an Dir Hären, ier ech ofschléissen, géif ech ganz gären nach e puer Wuert zu der Ausbildung vun den Enseignantë soen. D'Formatioun op der Uni Lëtzebuerg muss sech logescherweis um Profil an un de Missioun vum zukünftege Schoulmeeschter an eiem Schoulsystem orientéieren.

Déi eenzeg Richtlinnen an dësem Sënn beschreift de Ministère an enger spezieller Ausgab vum „Courrier de l'Éducation nationale“ vun 2005. Hei wéilt ech gär e puer Punkten erauspicken a méi genau ënnert d'Lupp huelen.

Am éischte Punkt, deen d'Missioun vum Schoulmeeschter beschreift, steet, dass dës beim Schüler eventuell spezifesch Besoinen erkennt an déi néideg Moossnamen ergräift. Sënn géif et dofir maachen, wann d'Ausbildung op der Uni enger Basisformatioun an der Sonderpädagogik eng Plaz géif ginn. Och wann de Schoulmeeschter Hëllef aus der Édifi oder den Équipes multiprofessionnelles kritt, wier eng Afféierung an déi gängegst Krankheetsbiller, Konzentratiouns- a Léierschwieregkeeten néideg.

Ze bemierken ass, dass mir eent vun den eenzege Länner an Europa sinn, déi hir Schoulmeeschteren net an der Sonderpädagogik ausbilden, an dass mir d'lescht Joer awer d'UNO-Konventioun fir d'Rechter vu Persounen mat Behënnerung approvüiert hunn.

Am zweete Punkt, deen de Profil vum Schoulmeeschter beschreift, steet, dass dësen d'Unterrechtssproche souwuel geschwat wéi geschriwwen op engem exzellenten Niveau beherrsche muss. Et héiert een allerdéngs ëmmer nees, dass bei de jonke Stagiairen den Niveau virun allem am Franséischen net optimal wier.

Hei muss ee sech froen, ob et net méi ubruecht wier, d'Sprochekenntnisser am Examen d'admission op der Uni Lëtzebuerg ënner redigierter Form ofzepreüwen anstatt per „multiple choice questions“. Eng weider Méiglechkeet wier, déi verschidden Aarbechten am Laf vum Kurs zu gläichen Deeler op Franséisch an op Däitsch ze redigéieren.

Am drëtten Punkt iwwert d'Ausbildung vum Schoulmeeschter ass eng Diskrepanz festzestellen tëscht deem, wat an der Formatioun an de Fächer Sport a Konscht um Pabeier gefeuert gëtt, an deem, wat an der Praxis geléiert gëtt. Virun allem, wat d'Schwammen ugeet - an do hunn ech och scho per Question parlementaire drop higewisen -, gesäit et schlecht aus. Ech hu mir awer soe gelooss, dass sech an dësem Beräich lues a lues eppes ännere soll, a wäert déi Entwécklung weiderhin am A behalen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Tessy Scholtes** (CSV).- Am selwechte Punkt vum „Courrier de l'Éducation nationale“ steet, dass d'Ausbildung vum Schoulmeeschter sech dem plurilinguistesche Kontext vu Lëtzebuerg an der Problematik vun der Alphabetisatioun an enger Friemsprouch sollt unhuelen. Mat dësem Thema gëtt sech menges Wëssens allerdéngs net ausereegesat. D'universal Alphabetisatioun vun all Kand op Däitsch kann an eiem heitege Kontext hannerfrot ginn an et misst ee kucken, ob een de System net fréier oder spéider an dësem Sënn upasse misst.

Gutt ass awer, dass mëttlerweil méi Wäert op dat Praktescht geluecht gëtt. De Problem ass awer, dass op der Uni trotzdeem nach ëmmer net praxisorientéiert genuch geléiert gëtt. Besser wiere vläicht manner Virlesungen a méi praxisorientéiert Seminären.

Ze bemierken ass och, dass d'Studium gréissendeels frontal ass, obwuel d'Studenten et

herno an hirem Beruff aneschtens ugoe sollen. Mir sinn eis bewosst, dass d'Formatioun op der Uni op d'Recherche ausgerichtet ass an dass et net einfach ass, lokal Proffen an Tuteuren ze rekrutéieren. Mir sinn awer zouversichtlech, dass hei nach méi praxisorientéiert Adaptatiounen méiglech sinn.

De Ruff vun den auslänneschen Ausbildungsinstututen, wou sech een Deel vun eise Schoulmeeschtere forméiere loosse, ass gutt an och éischter praxisorientéiert. Et fält awer op, dass immens vill vun dësen Diploméierten, déi sech de Préliminaires an dem Concours hei zu Lëtzebuerg stellen, duerchfalen.

Wéi ass dëst ze erklären? Wier et net besser, erëm praktesch Examenstonnen anzeféieren, esou wéi an der Période probatoire vun de Proffen, fir ze kucken, ob de Kandidat net nëmme seng Theorie beherrscht, mä och seng Praxis a mat de Schüler ëmgoe kann?

Här President, d'Ausbildung vum Schoulmeeschter ass universal. De fäerdege Schoulmeeschter kann am Précoce, am Précolaire, an der Grondschoul, am Modulaire an an der Édifi schaffen, huet awer net onbedéngt e praktesche Stage am Laf vun der Ausbildung an all dësse Beräicher gemaach. Hie kann an eisen Aen dësen dach ganz spezifischen Aufgaben net onbedéngt gerecht ginn.

Dofir kéint een an eisen Aen d'Formatioun vum Schoulmeeschter iwwerdenken. De Schoulmeeschter am Cycle 1 respektiv an de Cyclen 2 bis 4 misst weiderhin e Bachelor maachen, fir duerno Generalist ze sinn. D'Méiglechkeet vun engem Master misst awer gi sinn, fir all déi Beräicher ze couvréieren, déi de Generalist net meeschtere kann, wéi zum Beispill Spezialisatiounen, fir am Modulaire, an der Édifi oder mat Primo-arrivanten ze schaffen, wou dann deemno eng professionell Prise en charge garantéiert wier. Natierlech missten dann och, esou wéi dat fréier emol de Fall war, Poste fir Leit mat dëse spezielle Qualifikatiounen geschafe ginn.

Léif Kolleginnen a Kollegeen, a puncto Formatioun a Stage vun den zukünftege Proffe fanne mir, dass de System iwwerducht misst ginn. Esou kéinte mir eis virstellen, dass d'Studenten een oder och zwee Bacheloren an hiren oder hire Spezialisatiounen, zum Beispill Mathé oder Physik, maache géifen, an duerno e Master an der Fachdidaktik.

Dofir plädéiere mir och, fir de Stage op der Uni Lëtzebuerg ze verkierzen. Och d'Iddi vun engem Préstage am Lycée, eventuell tëscht dem Bachelor an dem Master, fanne mir interessant, well een hei wierklech ganz konkret um Terrain géif gesinn, ob de Kandidat fir dësse Beruff gemaach ass. Deeselwechte Modell wier deementspriedend och virun der Admissioun vun der Schoulmeeschteschformatioun unzedanken.

Wat d'Formation continue ugeet, ass ze bemierken, dass et scheinbar net ëmmer einfach ass, d'Enseignantë vun der Wichtigkeet vun esou enger Formatioun ze iwwerzeegen. Et si just aacht Stonne pro Joer obligatoresch, an awer hale sech d'Aschreiwungen a Grenzen, esou dass munch Formatiounen guer net stattfanne kënnen. Fir deem entgéintzewierken, begreisse mir et, dass d'Formatiounen méi an de Schoule stattfanne sollen, a fannen d'Iddi vum „peer learning“ interessant fir weiderzedévelopéieren.

Här President, Léif Kolleginnen a Kollegeen, résuméierend ass ze soen, dass d'Erausforderungen, déi sech der Schoul an eisen Enseignantë stellen, riseg sinn.

Wéi mir all heibanne wëssen, befanne mir eis momentan an engem grouse Reformprozess vun eiser Schoul, wou d'Reform vun der Grondschoul schonn agefouert gouf a wou déi vum Lycée an der Diskussioun ass. Dës Reformprozess ass ausdrécklech ze begreissen.

Ze bemierken ass, dass innerhalb vun de Reformen de Profil an d'Missioun vun eisen Enseignanteng kruzial Roll spillen. D'Enseignantë sinn d'Häerzstéck vun der Schoul an et si si, déi hannen um Enn ausschlaggebend si fir d'schoulesch Réussite vun eise Kanner.

Dofir ass et wichteg fir eis, dass de Profil vum Schoulmeeschter a vum Professer weiderzedévelopéieren ass am Sënn, dass méi perséinlech Capacitéiten a Kompetenze mat erafléisse mussen. Dës Profil muss onbedéngt ee legale Kader kréien, aus deem sech da seng Missiounen besser deklinéiere loosse.

Da si mir der Meenung, dass déi soziokulturell a wirtschaftlech Changementer aus eiser Gesellschaft an hir Répercussiounen op d'Schüler an der Formatioun vum Enseignant, ob Proff oder Schoulmeeschter, an awer och an der Ausübung vun hirem Beruff eng méi grouss Roll spille mussen. D'Spezialisatioun an der initialer Formatioun vum Schoulmeeschter a kruzialen, ganz problematesche Beräicher spillt hei eng wichteg Roll.

Schliesslech fanne mir, dass d'Konzepitioun vum Enseignant als Einzelkämpfer net méi ugepasst ass. D'Gruppenaarbecht, d'Konzertatioun, d'Zesummenaarbecht a Form vun Teamteaching oder mat Assistenzproffe mussen deen dach oft rigide Kader vum Schoulhalen an eise Schoulen endlech opbriechen. Hei spillt déi initial Formatioun - wéi och d'Formation continue - eng wichteg Roll.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Scholtes. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Fayot** (LSAP).- Här President, mir schwätzen de Mëtteg iwwert d'Enseignanten, dat heescht all déi, déi am direkte Kontakt mat de Kanner sinn. Firwat nëmme d'Enseignanten? Niewent den Enseignantë gëtt et jo nach eng ganz Partie anert Personal an de Schoulen. Mä well dat eigentlech Schoulhalen eng komplex Aarbecht ass an eng grouss Verantwortung mat sech bréngt. Gutt Schoulhalen ass e Garant fir den Erfolleg vun de Kanner, mécht Dieren op fir d'Zukunft vun engem Kand. Gutt Schoulhalen hëlleft, den Erfolleg ze maximiséieren an den Échec esou kleng wéi méiglech ze halen.

Et ass keen akademeschen Débat, Här President, well vun der Qualitéit vum Schoulhalen déi berufflech a gesellschaftlech Zukunft vun eise Kanner a vun eiem Land ofhänkt.

Schoulhalen ass haut anescht wéi fréier, well d'Kanner an d'Gesellschaft, aus där se kommen, anescht sinn. Fréier gouf et e Moule, eng Form, an déi een huet misse erapassen, a wien dat net fäerdegbruecht huet, deen huet eben net derzougehéiert, dee gouf eliminéiert. Dat hat domat ze dinn, dass déi gesellschaftlech Élitë kloer definéiert waren, d'Exigenzen, fir derzougehéieren och, an also de Wee iwwert d'Schoul gradesou. Dëst huet sech hei zu Lëtzebuerg a soss an Europa vun de 60er Joren u rasant geännert.

An den Annexë vum Rapport vum Här Adam beschreift de Ministère de l'Éducation nationale d'Orientatiounen fir d'Formatioun vun den Enseignanten an der Grondschoul an de Profil vun den Enseignanten am Secondaire an am Secondaire technique. Do gëtt d'Analys vum schouleschen a soziokulturellen Ëmfeld kloer gemaach: ons Villsprouchegekeet, déi grouss Diversitéit vu Schüler mat bal der Halschent vun zougewanderte Schüler aus anere Kulturkreeser, d'Fragilitéit vun der Famill, vun de Familjestrukturen, den Afloss vun der wirtschaftlecher a sozialer Situatioun vum Kand am Hibleck op de schouleschen Erfolleg. An an internationalen Etüde gëtt eng staark Conditionnalitét zwëschent de Resultater vu PISA an de soziokulturellen Originë vun de Schüler hiergestallt.

Och onse Schoulsystem huet sech andauernd geännert. Et ass jo net - wann haut diskutéiert gëtt iwwer eng Reform -, wéi wann net dee System sech an deene leschte Jorzéngten zum Deel radikal geännert hätt, ofgesinn elo vun deene Reformen, déi an der viregter Legislatur gemaach gi sinn.

Ech erënneren un d'Mëttschoul. Dat war och schonn eng Schoul - et gëtt ëmmer gesot, och ënnert den Enseignanten, d'Schoul, déi hätt net direkt elo sech op berufflech oder wirtschaftlech Konditiounen auserichten, d'Schoul wär eppes Interessantes per se. Et muss een awer drun erënneren, dass esou eppes wéi d'Mëttschoul, also den Enseignement moyen an de 60er Joren, eng Schoul war, déi ausgerichtet war op nei Donnéeën an der Gesellschaft, dat heescht de Besoin vun der Gesellschaft no neie Kadere fir de Secteur vun dem Service.

Den IST ass komm - d'Ingénieurs techniciens -, fir eben och déi nei Industrien. Den Enseignement technique ass derzoukomm an de 70er Joren, fir eben déi Kanner och opzefänken, déi am Enseignement secondaire classique net virukomm sinn. Nei Sektioneen ass et am Enseignement secondaire ginn a vill nei Lycéee mat spezifischen Ausrichtungen.

Dann erënneren ech un de Bac international, deen an engem classesche Lycée entstanen ass oder och an engem technesche Lycée. Et gouf Pilotprojeten am Kader vun der öffentlecher Schoul, besonnesch ënnert deenen zwou leschte Legislaturen, wéi zum Beispill „Eis Schoul“ oder de Lycée Ermesinde. An niewent de kathoulesche Privatschoule gëtt et aner Privatschoule wéi d'Waldorfschoul, wéi de Lycée Français, d'International School an esou weider.

Schliesslech, an dat ass och wichteg am Vergleich mat deem fréiere System, gëtt d'Orientéierung vum Primaire op de Secondaire, also





déi wesentlech Etapp am Liewe vun engem Kand, déi doranner besteet, fir de Sprong an de Secondaire ze maachen, gëtt déi Orientéierung net méi iwwert de classeschen Exame gemaach, mä iwwer eng Prozedur vu Bilan. Et sinn an deene leschte Jorzénge Kompensatiounen agefouert ginn, d'Methoden hu sech geännert, d'Schoulen hu sech och no baussen opgemaach.

An ech wëll dat awer hei soen, ech hu viru Kuerzem - wéi déi ganz Diskussioun iwwert d'Reform am Enseignement secondaire an Enseignement secondaire technique ëmmer méi hefteg ginn ass, dann denkt ee jo nawell zréck - emol Texter aus den éischte Jore vum 21. Jorhonnert erëm gelies. Déi éischt Jore vum 21. Jorhonnert, dat ass 2000, 2001, 2003. Do hunn ech zum Beispill dat interessant Buch gelies iwwer zéng Joer Bestoe vum Lycée „Alima“, dee jo ufanks 2000/2001 gegrennt ginn ass, wou scho vill interessant Iddien dra waren.

An ech hunn de véierbändige Wälzer iwwer 400 Joer Kolléisch, déi Schoul also, déi virun 100 Joer bal ganz eleng d'Élite vum Land erugezunn huet an déi sech haut als traditionsbewusst an zugläch modern gëtt.

Do liesen ech dann am Band III, iwwerschríwwen „L'Athénée aujourd'hui et demain“ - dat ass also 2003, déi Texter si geschriwwen ginn ufanks den 2000er Joren -, do liesen ech an engem Artikel vum deemolegen Direkter Emile Haag ënnert dem schéinen Titel „Innovation comme tradition“ Sätz wéi déi hei: «L'Athénée est sorti de son isolement traditionnel et s'est résolument ouvert au monde extérieur par de multiples projets.» An do gëtt beschriwwen, wéi wichteg d'Informatik ass - ech schwätzen nach ëmmer vum Athénée, fréier huet en Athénée grand-ducal geheescht, haut heescht e Lycée Athénée -, do gëtt beschriwwen, wéi wichteg d'Informatik ass, wéi den Travail en équipe vun den Enseignants sech entwéckelt.

An am Artikel vum heitegen Direkter Jos Salentiny geet Rieds zum Beispill, wéi de Régent ëmmer méi zu enger Personne de référence fir d'Schüler gëtt, si beréit, wa se Schwieregkeeten hunn. «Bref», seet de Jos Salentiny, «c'est le régent qui assure la prise en charge personnelle des élèves de sa classe et qui assume le rôle de mentor», eng Aart Tuteur also.

Oder et liest een an deemselwechten Artikel en Extrait aus dem Exposé des motifs vun engem Projet d'établissement am Kolléisch mat dem Titel: «L'action pédagogique par les moyens de communication d'aujourd'hui», «axé plus particulièrement sur le travail autonome et responsable de l'élève», Folgendes liest een do: «La fin de ce siècle», dat heescht Enn der 90er Joren, «est caractérisée par l'exigence accrue de capacités clés qui entraîne une grande autonomie de pensée et une certaine flexibilité.» An dofir soll iwwert d'«intégration accrue des techniques de communication dans les différents cours» nogeduecht ginn.

Wann Der dat do héiert an Dir vergläicht dat mat deene Polemiken, déi Der an deene leschte Méint a Woche gehéiert hutt iwwert dat, wat a gewësse Reformprojeten ass, da stellt Der lech jo sécher Froen.

An da wëll ech och nach soen, dass am Schouljoer 1999/2000, also ënnert der deemoleger Ministesch, der Madame Brasseur, en „Projet pilote d'autonomie pédagogique limitée“ initiéiert ginn ass, am Kader vun deem de Schüler an de verschiddene Branché Méiglechkeeten ugebuede goufen, iwwer Cours renforcés an de Sproochen oder an der Mathé hir Schwieregkeeten ze iwwerwannen, also méi Flexibilitéit am Schoulhalen. Et ass op d'Interdisziplinaritéit an op d'Noutwendegkeet vun der Zesummenaarbecht ënnert den Enseignants higewise ginn. An opgrond dovunner, wëll ech soen, entstinn andauernd an och haut nach vill Innovatiounen an den eenzelne Lycéén. An do gëtt et ëmmer - ech hunn den Här Bauler dozou gehéiert, vläicht dat ze bedauern -, mä ech sinn der Meinung, dass et do ëmmer grouss Fräiheeten an onse Schoule gouf fir d'Enseignants, um Terrain Initiativen ze huelen an innovativ ze sinn.

Här President, wann ech mech doriwwer ausbreit hunn, da well Iddi wéi Tutorat, Travail personnel, individuell Differenziatioun, Flexibilitéit, och op den ieweschte Klassen, säit Joren am Gespréich sinn an och vu munchen Enseignants praktizéiert ginn.

Mir hunn haut keng Debatt, Här President, iwwert d'Schoulreform am Secondaire. Et kann een awer net vum Type oder Profil d'enseignant schwätzen, ouni d'Iddien an d'Problemer am Émfeld vum Schoulhalen ze évoquéieren. Et ass och net esou, wéi wann op deem Gebitt,

wat ons haut beschäftigt, näischt geschitt wär. Wéi schonns gesot, goufen d'Profiler vun den Enseignants kloer émschríwwen. D'Ausbildung vum Schoulmeeschter op der Uni Lëtzebuerg gouf ermeiert, de Stage vum Secondaire och, d'Formation continue gouf obligatoresch, d'Décisions iwwert den Enseignant unique am Fondamental grad wéi deen am Secondaire goufe geholl respektiv confirméiert.

Schliesslech muss ervirgetrach ginn, dass et eng Konstant vun der Lëtzeburger Politik ass - dat ass och net onwesentlech fir d'Enseignants -, et war eng Konstant an et ass eng, besonnesch och vun der heiteger Ministesch, wëll ech ënnersträichen, fir den Enseignants en héije materiellen a gesellschaftleche Stelleväert ze ginn.

Här President, wann also vill geschitt ass, ass et trotzdem wichteg, sech permanent mat dem Beruff vum Enseignant ze beschäftegen, fir ze kucken, wéi en un déi verännert Situatioun an de Schoulen an an der Gesellschaft ugepasst ka ginn. Mir hunn an onsem Rapport keng revolutionär Neierung gefrot, mä eng Partie Piste gewisen, wou Adaptatiounen kéinten agefouert ginn.

Wat elo méi spezifesch déi eenzel Schoulniveauen ugeet, muss ee sech bewosst sinn, dass d'Schoulhalen op Septième a Sixième anescht ass wéi op der Première, souwuel an der Matière wéi och an der Method. Datselwecht gëllt fir d'Schoulhale vum Précoce iwwert de Précolaire, de Primaire bis zum Préparatoire. D'Methoden an d'Inhalter an d'Ufuhrerunge si verschidden.

Erënnert sief och un déi Debatt, déi mer hei virun e puer Wochen iwwert déi ganz Kleng hatten - vun null bis dräi, véier Joer -, an där mer op d'Qualitéit vum Personal an de Crèchen insistéiert hunn, well mer jo wëssen, dass do d'Weiche gestallt ginn, och fir den zukünftige schouleschen Erfolleg.

Mä d'Konklusione vun onsem Rapport trancheieren net zwëschent engem Enseignant spécialiste an dem Enseignant généraliste. D'Antwert ass villméi: Den Enseignant généraliste gëtt net a Fro gestallt, obschonn d'international Tendenz éischer ewech vum Generalist geet. Den Enseignant gëtt ëmmer méi an iwwerall fir all Branche, fir all Niveau d'enseignement op der Uni ausgebilt. E soll en zolidd Fachwëssen an eng seriö Fachdidaktik matbréngen an och eng allgemeng pädagogesch Fäegkeet. Dat sinn déi dräi grouss Haaptkonditiounen, déi d'Enseignants iwwerall, an all Niveau vum Schoulhale sollen hunn. An duerch des zolidd Basis solle se capabel sinn, sech selwer iwwert d'Weiderbildung am Beruff an ëmmer nei Erafuerderungen unzepassen. Dat gëllt fir d'Grondschoul wéi fir de Postprimaire.

An deem Zesammenhang muss ech, Här President, soen, dass mer hei zu Lëtzebuerg onbedéngt misste fir d'Enseignants esou eppes wéi eng Année sabbatique oder Méiglechkeete schafen, fir dass déi Enseignants kéinten no 10, 20 oder 30 Joer emol e Stéck aus dem Beruff erausgoen - oft si jo d'Enseignants hiert ganz Liewen an der Schoul, well se jo och schonn iwwer Primaire, Secondaire, Uni erëm an d'Schoul zréckkommen -, fir hinnen d'Geleeënheet ze ginn, an dem Berufsliewen e Joer aus der Schoul erauszugeen - dat misste mer fäerdegbréngen an organiséieren -, fir dann eng nei Erafuerderung sech ze stelle fir d'Schoul, fir also vläicht op engem aneren Niveau Schoul ze halen an op déi Manéier dee Burnout, dee jo bei villen Enseignants och ka constatéiert ginn, net opkommen ze looschen.

Ech géif d'Madame Minister wierklech froen, fir sech seriö Gedanken ze maachen an der Regierung, ob mer dat net eng Kéier kéinten hikréien. Ech mengen, dat wär eng wesentlech Method, fir d'Enseignants och zur Innovatioun ze bewegen.

Här President, an onsem Rapport gëtt d'Bekenntnis zum Enseignant généraliste natierlech moduléiert duerch eng Partie Aspekter. Éischens, et soll eng Verdéiung jee no de Kanner, also ganz kleng Kanner oder Kanner mat Behënnerung, méiglech sinn. Schoulhalen am Préparatoire ass grondverschiede vum eigentleche Primaire oder vum Précolaire.

Et soll och eng Verdéiung no de Matière Musek, Sport, Konscht, mä och Mathematik oder Sproochendidaktik wëschenswäert sinn. Dat Lescht gëllt besonnesch fir d'Integratioun vu Kanner mat Migratiounshannergrond an der öffentlecher Schoul, fir déi den Zougang zur Lëtzeburger Sprooch wesentlech ass.

Et gëtt och eng besser Aféierung an d'Praxis iwwer e Stage gefrot, och bei der Grondschoul. An an der Weiderbildung gëtt duerch d'Vuneneen-Léieren, also duerch den „peer learning“ dorobber gepocht, wat natierlech kohärent ass mat dem Ausbau vun der Teemaarbecht, deen een och an der Grondschoul constatéiert.

Ech wëll och soen, dass et wichteg ass, dass déi Teemaarbecht och um Niveau vun de Fächer geschitt. Ech erënnere mech selwer un eng fir mech liewenswichtig Experienz, déi ech schonn am Ufank vu menger Carrière gemaach hunn: dass ech dräi Kollege fonnt hunn, wou mer zu véier net nëmme Schoul gehalen hunn, ee bei deenen aneren hospiteliere gaange sinn an d'Klass, fir ze kucken, wéi dee Schoul hält a wat een do ka léieren, zesumme Klassenaarbechten zesummegebastelt hunn, fir eben deene Kritären ze entsprechen, déi mer ons gesat hunn.

An doraus ass dann och herno e Schoulbuch entstanen duerch all déi Notten, duerch all déi Exercices, déi geschaaft gi sinn. An Här Bauler, dat ass eigentlech keng bürokratesch Aarbecht gewiescht. Dat ass eng pädagogesch Aarbecht gewiescht. Dofir fannen ech och dee Reproche, deen ëmmer erëm iwwer Bürokratie an der Schoul gemaach gëtt, wann Enseignants ugehale ginn, fir e Rapport ze maachen iwwer eng Praxis, iwwer Décisions, déi se huelen, dee fannen ech iwwerzunn. Well déi Rapporté si wichteg fir eng pädagogesch Aarbecht an déi kënnen och aneren hëllefen, fir hir pädagogesch Aarbecht ze beräicheren.

D'Iddi ass och am Rapport opgeworf ginn, fir de Schoulen am Fondamental e Matsproocherecht ze ginn, wann et ëm d'Ernennung vun Enseignants geet. Dat gesäit eigentlech gutt aus, muss ech soen, ass och eigentlech als Iddi net schlecht, well Matbestimmung ass jo ëmmer gutt. Ech wëll awer trotzdem soen, et stellt grouss Froen. Mir hätte jo och gären eng Décision no prezise Kritären. Mir wëlle jo awer net op Systemer zréckkommen, déi viru 50, 60, 100 Joer bestanen hunn, wou d'Enseignants erausgewielt ginn no anere Kritäre wéi no de reng fachleche Kritären. Also, dat do ass eppes, wat ee kann ënnerstëtzen, mä wou ee sech Gedanke muss maachen, wéi genee dat soll gescheien a wéi dann och d'Kritäre vun deem Choix sinn.

Ech wollt och nach soen, dass an deem Zesammenhang den Instituteur ressource, dee mer jo och an der Kommissioun gesinn hunn, gehéiert hunn, eng interessant Neierung ass, well deen als Beroder um Terrain fir déi nei Enseignants och ka fonctionnéieren - net nëmme déi nei, mä och déi schonn eeler Enseignants. Mä ech mengen, besonnesch fir déi nei kann e vill bréngen.

Datselwecht gëllt fir déi pädagogesch Berodung um Terrain duerch d'Inspekteren, déi fréier an der Ausbildung am ISERP an der Formativatioun vun de Schoulmeeschteren matagebonne waren, an dat huet natierlech opgehale, wéi d'Uni Lëtzebuerg gegrennt ginn ass.

Déi deeglech praktesch Zesummenaarbecht an den Équipes am Kader vun de Schoulen, sou wéi d'Gesetz vun 2009 iwwert d'Grondschoul dat virgesäit, ass och e wichtigen Aspekt vum „peer learning“. An déi fundamental Iddi, fir Schoulen ze maachen am Fondamental mat Comitéen a mat engem Président d'école, war jo och, fir dass d'Leierpersonal duerch d'Zesummenaarbecht um administrative wéi och um schoulesche Plang seng Schoul géif gestalten an och do innovativ kënn sinn. An ech weess net, ob déi Innovatioun do esou einfach gëtt, wann een dann e Schouldirekter dohinnerstellt, deen dann administrativ vun uewen dat alles soll dirigéieren.

Här President, mir hunn ons och länger mat der éischer Ausbildung vun den Enseignants vum Fondamental beschäftigt. Vun enger am Ufank méi reflexiver Formativatioun ass d'Uni Lëtzebuerg iwwergaangen zu enger méi praxisorientierter Formativatioun haut. D'Fro vun engem Stage d'insertion professionnelle fir d'Leierinnen an d'Schoulmeeschteren am Ufank vun der Carrière, also no hiren Étuden op der Uni Lëtzebuerg, gëtt opgeworf, mä net trancheiert.

Sécher gëtt et e Problem mat der Uni, well déi meescht Professere vun der Uni Lëtzebuerg keng Schoulpraktiker sinn. De Gebuertsfeeler vun der Uni war jo, wëll ech hei trotzdem erënnere, dass Tabula rasa gemaach gouf an eppes Neies opgebaut muss gi vu Leit, déi wäit ewech vun der Praxis waren. Dat huet sech geännert a gebessert. Mä nach stellt d'Fro sech, ob e jonken Enseignant, dee frësch vun der Uni kënnt, vun haut op muer operationell ass. Dofir d'Iwwerleeung vun deem professionelle Stage d'insertion no der Ausbildung, fir deen ech vill Sympathie hunn. Fir dee Stage hunn ech vill Sympathie!

Ech muss awer allerdéngs soen, dass en héchstwahrscheinlech net esou einfach ze realiséieren ass. Ech kéint mer virstellen, dass een awer e System kéint hikréien, wou ee systematesch deene jonken Enseignants, déi an eng Schoul kommen, net en Tuteur, och net e Mentor, mä en Accompagnateur géif mat op de Wee ginn. En Ecleren, dee schonn an der Schoul dran ass an dee se kéint awer an de Beruff aféieren an deenen éischten zwee oder dräi Joer.

Dann, Här President, am Secondaire stellt de Rapport d'Fro, ob eng Spécialisatioun no Alterskategorien ubrecht wär. Perséinlech hunn ech et erkenntnisräich fonnt a menger Carrière, fir kënnen op Première an op Septième ze enseigner. Dat war ëmmer e grouse Genoss, grad wéi ech et fir en Enseignant och gutt fannen, haut nach, wann e méi wéi eng Branche enseignéiert.

Wann ee Stagiäre ass, muss een dat souwisou, mä herno, wann ee Proff ass, ass et menger Ansicht no gutt. Geschicht a Sprooch gi gutt zesummen, Philosophie a Sproochen och. Et gëtt vill Saachen, Chimie a Physik ginn zesummen, an et gëtt vill Saachen, wou een dat ka maachen. Dofir war ech och esou iwwerrascht, wéi zum Beispill bei de Proffen déi Kombinatioun Géographie-Histoire esou a Grond a Buedem verdaamt ginn ass.

Mä natierlech, meng perséinlech Erfahrung, Här President, op deem Gebitt seet mer och, dass e Proff, deen en héichkarátege Spezialist op engem Gebitt ass, net onbedéngt e gudden Pädagog op Septième ass, fir den Iwwergang an de Secondaire erfollegräich mat de Kanner ze gestalten.

Ech hat emol selwer d'Iddi - ech wëll dat hei och nach soen -, wéi ech Proff um ISERP war, ze froen, fir ee Joer kënnen an enger Klass am Primaire Schoul ze halen. Dat hätt mech jo villes geléiert. Dat war allerdéngs duerch d'Rigiditéit vum System net méiglech. Mä ech sinn iwwerzeegt, dass d'Proffen op den ënneschte Klasse vum Secondaire an hirem Stage iwwert de Primaire méi intensiv informéiert musse gi respektiv och souguer a Primairesklasse sollen hospiteliere goe kënnen, fir eben ze gesinn, wéi dat am Primaire vir sech geet.

Eng gravéierend Fro fir d'Enseignants am Secondaire stellt sech am Kader vun hirer Uniformentatioun. Soll de Master, dee se maachen, purement académique sinn, oder soll e professionnaliséiert sinn? D'Fro ass net: Soll no engem Bachelor an engem Fach e Master an der Pädagogie gemaach ginn? D'Fro ass: Soll de Master an engem Fach mat enger Composante vun Didaktik gefrot ginn?

Mir bejoen dat, well et iwwregens ëmmer méi Unié gëtt, déi esou eppes ubidden. Wann zum Beispill e Student e Master an der franséischer Linguistik mécht oder an der franséischer Literatur, gëtt dobäi oft deen een oder deen anere Cours proposéiert, wéi dat am Sproochenunterricht oder am Literaturunterricht vun engem Lycée ka verwäert ginn. An dat wär fir vill Studenten en éischechte wichtege Kontakt mat didakteschen Iwwerleeungen.

**(M. Gast Gibéryen prend la présidence.)**

Eng aner Suggestioun betrëfft e Préstage fir déi zukünftige Enseignants - mir schwätzen nach ëmmer vum Secondaire -, fir ze verhënnere, dass jonk Leit an der eigentleche Stage eraginn an no dräi Joer mierken, dass se fir d'Schoul net gemaach sinn. D'Fro ass domat verbonnen, ob dee Préstage obligatoresch virun dem Examenconcours soll sinn. Natierlech mécht dat de Werdegang, fir Proff ze ginn, nach méi komplizéiert, ofgesi vun der praktescher Émsetzung mat Tutorat a Stonnen halen.

Här President, fir ofzeschlësse wollt ech trotzdem soen, dass déi Aarbecht, déi mer opgrond vun dem Här Adam senger Demande fir en Débat d'orientation mat engem Rapport elo ugefaangen hunn an duerchgezunn hunn, dass dat eng interessant Aarbecht war, dass et och eng gutt Atmosphär an der Kommissioun war, fir mat deene Leit vu baussen iwwert d'Schoul an iwwert d'Enseignants ze schwätzen. Ech soen dem Här Adam Merci fir seng Initiativ an och fir seng Aarbecht, fir dee Rapport hierzustellen. Natierlech och der d'Sekretärin vun der Kommissioun, der Madame Huberty. An ech wëll och de Kollegen an de Kolleginnen vun der Kommissioun Merci soe fir hire Bäitrag.

Dat gesot, Här President, sinn ech der Meinung, dass mer hei, wat d'Enseignants ugeet, nach wäerten am Kader vun der weiderer Reform am Secondaire, och vun der Evaluatioun vun der Reform am Fondamental, déi jo dëst Joer soll och geschéien, nach Geleeënheet wäerte kréien, iwwert d'Enseignants ze schwätzen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci, Här Fayot. Als nächste Riedner ass den Här Adam ageschríwwen.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. Et ass fir mech am Fong geholl ee flotte Mëtteg gewiescht. Ech si ganz fro mat deene verschiddenen Interventiounen, déi mer hatten, a virun allem, wann een och den aktuellen Hannergrond bedenkt, an deem mer hei schwätzen, wat d'Schoul ugeet, datt dee ganze Mëtteg ouni iergendwelche Polemik iwwert d'Bühn gaangen ass.





Ech muss soen, de Mëtteg ass och nach net eriwwer.

### (Interruptions et hilarité)

Ech wëll awer och nach eng Kéier drun erënneren, datt et eigentlech e relativ schwierigen Thema ass, wou mer driwwer schwätzen. Ech hat gëschter zoufälleg d'„Frankfurter Allgemeine“ am Grapp, an do war op der éischter Säit eng Schlagzeil: „Lehrerberuf genießt hohes Ansehen in der Bevölkerung“. An den Énnertitel war: „Eltern wünschen härteres Durchgreifen im Unterricht“.

Ech hat dunno och nach d'Méiglechkeet, mer eng aner Zeitung ze kafen, dat war d'„Süddeutsche“. Ech hu geduecht, da missten déi jo och eppes zu deem Thema schreiwen. Déi hunn dat och gemaach. Do stoung dann als Iwwerschrëft: „Die Last mit den Schülern“, an als Énnertitel: „Fast die Hälfte der Lehrer empfindet den Unterricht anstrengender als noch vor zehn Jahren“.

Do gesitt Der, dat sinn zwou Zeitungen, déi iwwert datselwecht bericht hunn, an zwar war dat all Kéiers hire Résumé iwwer eng Énnersichung vum Allensbacher Meinungsforschungsinstitut iwwert d'Enseignanten. Do gesäit een am Fong geholl, datt een iwwer eng selwecht Etüd, iwwer ee selwechte Bericht ganz ënnerschiddlech ka berichten. Ëmsou méi frou sinn ech, datt mer dat hei de Mëtteg ganz sachlech gemaach hunn.

Ech wollt nach eng Kéier d'Wuert ergräifen, well ech eng Rei Saachen als Rapporteur net konnt esou daitlech soen, wéi ech se awer wollt fir déi gréng Partei nach eng Kéier soen.

Vireran awer emol Merci all den Intervenanten. Dem Här Fayot seng Ausféierunge ware fir mech elo net nei, awer natierlech ëmmer erëm interessant, mä mir haten déi enk Zesummenaarbecht beim Rapport.

Dem Här Bauler säi Kommentar vun de Konklusiounen huet mer ganz gutt gefall. Deen Deel virdu war fir mech net esou nei, well den Här Bauler de Choix getraff hat, fir den Dënschdeg schonn datselwecht eng Kéier an enger Pressekonferenz ze soen.

### ► Une voix.- Très bien!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Virun allem hunn ech et awer interessant fonnt och, fir emol eng Kéier eng Stellungnahm vun der CSV ze kréien. Déi siwe Joer, wou ech elo an der Chamber sinn, hunn ech eigentlech am schoulpoliteschen Dossier net ganz vill fundamental Aussoen héieren, an dat war de Mëtteg anescht.

Ech muss och soen, datt et zu engem ganz groussen Deel scho ganz positiv och bei mir ukomm ass. Do sinn eng ganz Rei Froen opgeworf ginn, wou d'Riednerin an hirer Daitlechkeet am Fong geholl näischt ze wënschen iwwreg gelooss huet. Mir hunn eng Kéier „Formation initiale vun den Enseignanten“ héieren, wou ech eng ganz Rei Saachen hunn, déi mer gutt gefall hunn, och d'Iwwerleeungen iwwert d'Spillschoul, déi ech deelen, d'Wichtigkeet vum Teamteaching.

Ech muss och soen, eng Rei vun deene Saachen, déi d'Madame Scholtes opgeworf huet, fënnt een och effektiv am Schoulgesetz erëm. Ech fannen dat flott, datt een dat dann nach eng Kéier ënnerstrach huet.

Ech kéim dann nach just kuerz zu e puer Saachen, wou ech wollt eigentlech e bësselche méi daitlech ginn, wéi ech konnt a mengem Rapport sinn.

Ee Punkt ass selbstverständlech d'Elterenaarbecht. Elterenaarbecht ass - dat geet iwwregens och aus där däätscher Etüd iwwert d'Schoul ervir - eppes, wou sech d'Léierpersonal ëmmer schweierdeet dermat. Mir sinn als Gréng der Meinung, datt et eng absolut Noutwendegkeet ass. Et kënt keen Enseignant derlaanscht. D'Eltere si responsabel fir hir Kanner a mir müssen dee Wee goen. Mir müssen den Austausch mat den Eltere méi sichen.

An duerfir ass et och..., mir hunn zu Lëtzebuerg d'Décisioun geholl, fir d'Betreiungsstrukturen aus de Schoulen auszulagere. Mir géifen eis als Gréng wënschen, datt mer och e bësselche méi Ganzdagsschoule kréien, wou de ganzen Encadrement aus enger organisatorescher Hand gemaach gëtt. Mir hu just zwou öffentlech Ganzdagsschoulen, d'„Jean-Jaurès“ an „Eis Schoul“. Mir sinn der Meinung, mir kéinte méi an déi Richtung maachen.

An dann, déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer op ville Plazen tëschent deene verschiddenen Institutiounen gesinn, ass ganz oft drop zrëckzeféieren, datt mer responsabel an engagéiert Leit op deenen zwou Plazen hunn. A wou d'Zesummenaarbecht net esou gutt klappt, do hu mer ganz oft - leider! - näischt an der Hand.

Dann ass hei och vu méi Leit iwwert de Generalist an der Primärschoul geschwat ginn. Ech

erënneren drun, datt déi Zäit, wou d'Madame Brasseur Éducatiounsminister war - dat ass jo schonn eng Zäit hier, awer och nach net éiweg -, d'Madame Brasseur genau véier Lettres ministérielles erausginn hat, wou se d'Zuel vun den Intervenanten an der Klass wollt esou kleng wéi méiglech halen.

### ► Une voix.- Très bien!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Mir hunn awer haut eng Situatioun, mir sinn alleguerten, d'Schoulmeeschteren an d'Léierinne sinn alleguerte Statsbeamten. Si hunn en Urecht op eng Véirelstäche, eng hallef Täche, eng Dräivéirelstäche. D'Täche vum Enseignant ass schonn eleng op 23 Stonne begrenzt, d'Täche vun de Schüler op 28 Stonnen. Mir fannen awer och en Deel vun deenen Iddien, déi virun hee beschwat gi sinn - wéi wichteg datt et ass, datt e Kand eng fest Bezuchspersoun huet -, am Schoulgesetz erëm, an zwar den „Titulaire de classe“, deen do festgehalten ass an deem seng Aufgaben och definéiert sinn.

Mir bleiwe bei der Meinung, datt et eng éischt Prioritéit am Enseignement fondamental ass, datt mer eng gewësse Kontinuitéit vum Titulaire de classe fir d'Kanner hunn. An et ass awer och eng zweet Prioritéit: All Kand huet d'Recht drop, datt et an de Benefiss kënn vum all Fach aus dem Curriculum. Mir schwätze vill iwwert d'Qualitéitskontroll an der Schoul. Duerfir wier et och flott, fir emol eng Kéier daitlech Aussoen ze kréien, wéi et da mam Museks-, Sports- a Konschtunterricht an eise Schoule steet.

Prinzipiell géife mir et bedauern, wéi och déi aner Riedner hei, wa mer dësen Unterrecht missten u Spezialisten auslagere. All Enseignant misst dës Fächer zurzäit kënnen zefriddestellend assureieren. Hei huet den Enseignant d'Geleeënheet, seng Schüler ënner anere Voraussetzungen ze erliewe wéi am aneren Unterrecht. Hei gëtt e munches gewuer, wat him kann am Schoulalldag hëllefen. Wa mer allerdéngs Handlungsbedarf feststellen, da muss mer awer och do handeln.

Mä mir hätten eis och als Gréng eng aner Formation initiale kënnen virstelle beim Schoulmeeschter, zum Beispill e Bachelor vun dräi Joer, deen allgemeng gehale wier an a bal all Land vun der Welt kéint erschafft ginn, an duerno dann ee Master, dee verschidden Aspekter méi géif ënnersträchen. Zum Beispill kéinte mer eis virstellen eng Dominante „sciences“ oder eng Dominante „Sproochen“ oder eng Dominante „enfants à besoins spécifiques“. Dat kéint zu enger gewësserer Spezialisatioun féieren, ouni fächeropspléckend ze ginn, esou wéi et am Postprimaire ass, well dat wëlte mer als Gréng op kee Fall!

Mir sinn der Meinung, datt et och net duerguet, fir de Gedanke vun enger inklusiver Schoul an en Exposé des motifs vun engem Gesetz ze schreiwen. Mir sinn der Meinung, datt deen Aspekt vum Enseignantsberuff onbedéngt muss méi an der Formation initiale berücksichtig ginn.

Elo kann ee soen, esou eng Formatioun, wéi ech se grad hei opgezeechent hunn, gëtt et néierens. Mä ech stelle fest, datt et och néierens eng Formatioun gëtt, déi keen Ennerscheed tëschent Spillschoul a Primärschoul mécht. D'Argumenter fir dëse Brevet unique am Enseignement fondamental sinn eiser Meinung no kritesch ze hannerfroen.

Mir hunn als eent vun deenen eenzege Länner op der Welt eng Schoulpflicht fir Kanner vu véier Joer. Mir sinn der Meinung, datt et absolut sënnavoll ass, Kanner méiglechst fréi ze fördern. Mir bleiwen awer skeptesch, ob dat an engem schoulesche Kader am beschte funktionéiert. Mir hunn iwwregens och schonn honnertmol eng Evaluatioun vum Précoce gefrot, mä dat ass ni gemaach ginn.

Iwwert de Stage am Enseignement fondamental: Mir verschléissen eis där Iddi net. Dee Stage muss allerdéngs sënnavoll sinn. Dat kann net datselwecht si wéi bei de Proffen, well d'Formation initiale jo eng aner ass. Do misst d'Gestioun vun enger heterogener Klass d'Hauptzil sinn. Et ass en Ennerscheed, ob een e Stage - an d'Enseignanté vum Primaire maache jo vill Stagen - an enger Klass mécht vun der Uni aus oder ob ee wierklech dann op sech selwer gestallt ass an eng Klass muss geréieren.

Den Instituteur ressource, deen hei soll hëllefen, dat ass eng gutt Iddi, mä dat geet net duer. Mir mengen, hei géif en Tuteur Sënn maachen.

D'Fro vun der Schoulautonomie ass ugeschwat ginn. Hei si mir och wierklech der Meinung: Jo zu enger Schoulautonomie, mä fir eng Schoulautonomie kënnen ze kréien, brauch een eng fest Rumm.

Ech deelen och dem Här Fayot seng Bedenken. Mir kënnen net op ee System zrëckgoen, deen net méi fachlech Kritären uwennt, wou mer op eemol à la tête du client fueren. Op där anerer

Säit ass déi Situatioun, wéi mer se am Moment hunn, awer och net befriedgend. Eng Konsequenz vun de PRSen - de Plans de réussite scolaire -, vun der Stärkten- a Schwächtenanalys misst jo sinn, datt mer och ee Profil fir dee Schoulmeeschter ausschaffen, dee gebraucht gëtt. Also bräichte mer och e Matsproocherecht, wa Leit agestellt ginn an eise Schoulen.

Dat geet an eisen Aen awer nëmmen, wa mer den Direkter an de Grondschoulen aféieren. Mir solle jo elo evaluéieren, wéi déi Président-d'écoles-Geschicht bis elo gelaf ass. Mir sinn nach wie vor der Meinung, datt eng Direktioun och am Enseignement fondamental géif méi Problemer léise wéi schafen.

Mir hunn och elo - et ass keen, deen haut driwwer geschwat huet - eng Reform vum Inspektorat, déi usteet. Mir nenne jo do d'Inspekteren Direkteren. Mir mengen, datt dat - bon, ech wëll mech net ze vill wäit aus der Fënster leeën -, mä mir mengen net, datt dat d'Äntwert ass vun der Fro nom Shoulddirekter.

Den aktuellen Examen-concours ass an eisen Ae keng ganz gutt Léisung. Mir kéinten eis virstellen, datt mer einfach sollen zrëckkommen op de Concours. Dann hätte mer weinstens net den Nodeel, datt, wa mer genuch Leit an engem Fach hunn, datt mer dann awer d'Posten net all besat hunn.

Et ass virgeworf ginn, wann een den Examen-concours géif ofschafen, da géif een dat eent Joer esou vill Leit astellen an da géif ee Leit astellen, déi net esou gutt wieren, an d'Joer drop kéint een da kee méi astellen. Do menge mir awer, datt ee mat enger seriöser Planung misst kënnen évitéieren, datt zum Beispill dat eent Joer 15 Biosproffen agestellt ginn an dat anert Joer oder zéng Joer laang da keng.

Mir haten an der Éducatiounskommissioun iwwert de Master geschwat, deen d'Leit musse maachen, fir an de Stage ze komme fir an de Secondaire. Mir sinn als Gréng ganz kloer der Meinung, datt dëse Master soll eng fachdidaktesch Komponent hunn. Mir sinn der Meinung, datt no engem allgemenge Bachelor a sengem Fach - besser nach an zwee Fächer - de jonke Mënsch soll eng Décisioun huelen, ob en dann elo wëllt an den Enseignement goen oder net. A fir déi Décisioun kënnen ze huelen, wier et wierklech gutt, wa mer d'Méiglechkeet vun engem Schnupperstage am Enseignement géifen ubidden.

De Saz aus dem Rapport: «il convient d'éviter d'imposer aux étudiants un cadre trop restrictif, dans la mesure où les détenteurs d'un master à orientation didactique n'ont guère d'autres débouchés que l'enseignement», dee steet esou am Rapport, well en esou gesot ginn ass. Mä dat ass eng Ausso, déi an eisen Aen net richtig ass. Si setzt ganz einfach falsch Prioritéiten.

Mat där Ausso menge mer jo: Wann ee jonke Mënsch e Master gemaach huet an e fënt keng Plaz an engem Betrib oder beim Stat, déi e besonnesch interesséiert, da kann e jo Proff ginn. Mir hätten awer gären, datt dëse Rasonnement 180 Grad ëmgedréit gëtt: Dee jonke Mënsch, deen e Master gemaach huet fir Proff ze ginn an deem dat net geléngt, dee ka jo nach no enger Plaz an engem Betrib oder beim Stat sichen.

Mir sinn der Meinung, datt ee fachdidaktesch Masterstudium de Regelwee misst sinn. Ausnahme solle mer awer onbedéngt virgesinn. Zum Beispill fanne mer et eng Beräicherung fir eis Schoulen, wa Leit mat enger méi oder mainer laanger Berufserfahrung an eis Schoulen erakommen. Déi Weeër mussen opbleiwen, a wann néideg solle se souguer vereinfacht ginn.

Bleift nach d'Fro vun der Spezialisatioun vun de Proffen. Do ass och scho villes gesot ginn. Mir hunn eigentlech do keng gréisser Meinungsdivergenzen. Mir sinn der Meinung, et gëtt engersäits argumentéiert, datt fir vill Proffen - den Här Fayot huet et och gesot - grad just déi zwee Altersextreme Septième a Première de Beruff spannend maachen. Et gëtt Leit, déi probéiere systematesch, zum Beispill eng Première an eng Septième ze huelen. Een Enseignant, dee säi Beruff spannend fënnt, ass am Prinzip e gudden Enseignant, a mir fannen dat och e wichteg Argument.

Mir wëllen awer drun erënneren, datt et schlussendlech ëm e ganze System geet an net just ëm Präferenzen. Mir wëlle jo och, datt schoulpflichteg Kanner méiglechst laang zesumme léieren a schaffen, an dat verlaangt den Enseignanté scho ganz vill of. An der Zäit vun der Schoulpflicht soll méiglechst all Kand eng méiglechst breet Basis kréien an den dräi offizielle Sproochen an am Engleschen, an de Sciencefächer, a Konscht, Musek a Sport.

No deem Alter vun der obligatorescher Schoulpflicht, do muss ee gewësse Grad vu Spezialisatioun zougelooss ginn. Mir musse kënnen op de Kanner hire Stärkten opbauen an déi weider ausbauen. A fir datt dat ka funktionéieren, muss mer och Saache kënnen ewechloossen.

Och dat verlaangt dem Enseignant vill of, allerdéngs op e bëssen engem anere Gebitt.

Voilà, dat waren nach e puer Punkten, wou et mer awer wichtig war, dat och nach eng Kéier aus grénger Siicht méi daitlech ze soen. Nach eng Kéier, ech soen den Intervenante Merci fir hir Bäitrag zu dëser Diskussioun, an och Merci fir déi Méiglechkeet, déi ech hat, dee Rapport hei an der Chamber virzustellen an ënnert deem seriöse Kader hei ze diskutéieren.

### ► Une voix.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci, Här Adam. Als leschte Riedner ass den Här Kartheiser ageschriwwen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Här President, villmools Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Härren, am Numm vun der ADR wëll ech och dem Här Rapporteur villmools Merci soe fir eng ganz fläisseg Aarbecht. Hien huet de Sujet mat vill Engagement ugepaakt a mir hate wierklech och an der Unterrechtskommissioun eng ganz Rei vun interessanten Diskussiounen. E Merci geet och un den Här Bauler, deen eis jo och haut, oder d'Regierung, interpelléiert huet op deen dote Sujet.

D'ADR huet de Rapport awer net gestëmmt, an dat gläich aus enger ganzer Rei vu Grënn.

Deen éischten ass, datt et an eisen Aen net richtig ass, fir eng Rei Leit ze invitéieren, fir virun eiser Kommissioun ze schwätzen, mä do awer e puer aner Kategorië vu Leit vu vireran net ze invitéieren. An ënnert deene Leit, déi net invitéiert gi sinn, sinn notament d'Vertreider vun den Enseignantsgewerkschaften.

Et entsprécht net der Virstellung vun der ADR, fir Iwwerleeungen iwwer e Berufsstand ze maachen, iwwert dee Profil, ouni datt mir op d'mannst géife probéieren, fir mat deene beëtraffene Leit selwer ze diskutéieren an hir Gedanken an hir Erfahrungs mat ze berücksichtigen. Professeren, Schoulmeeschteren a Léierinnen hätte missen eis privilegiéiert Interlocuteurs sinn. Si woren awer net do.

Viäicht wëlle gewësse Leit jo einfach och net mat der Realitéit vun eise Schoule konfrontéiert ginn an dofir bleiwe si da léiwer am Abstrakten.

Gefeelt hunn och Leit, déi net esou staark vun der 68er Revolutioun geschiedegt goufe wéi verschiddener vun deenen, deene mir nogelauschtert hunn. Si hätten nees méi realistesch an zukunftsorientéiert Perspektiven an den Enseignement kënnen afléisse loosse.

Mir hätten als ADR gär engem Bernhard Bueb nogelauschtert - „Lob der Disziplin“ -, engem Josef Kraus - „Ist die Bildung noch zu retten?“ - oder och engem Michael Winterhoff - den Här Gira huet souguer säi Buch gelies: „Warum unsere Kinder Tyrannen werden“. En hat hei virun zwee Deeg doriwwer referéiert an en huet eis begeeschtert Zoustëmmung fonnt. Doduerch wären déi Präsentatiounen, souwäit se sech mat der Kannerpsychologie befaasst hunn, ganz sécher manner eesäiteg ausgefall.

An och, wann dat net direkt de Sujet vun eiser Debatt hei ass, hätte mir och gär e Wuert iwwert d'Chargéen an der Kommissioun gesot. Och si sinn en Deel vun eisem Unterrechtssystem an och si hunn e Recht drop, fir gehéiert ze ginn a mat hire Problemer vun der Politik eescht geholl ze ginn.

Zweetens stéiert eis als ADR, datt déi Debatt awer esou mécht, och wa si dat net esou daitlech seet, u sech e bëssen ënnert dem Deckmäntelche vun der zukunftsorientierter Reflexioun verstoppt, datt esou gemaach gëtt, als wär eise Schouldebakel hei am Land och e bëssen d'Schold vun den Enseignanten, déi einfach net méi dee richtige Profil hätten, fir an déi modern Schoul eranzepassen.

Eis stéiert och déi zäitlech Koinzidenz, datt esou eng Debatt ausgerechent dann op den Ordre du jour vun der Chamber kënn, wou et grad duerch de Widerstand vun den Enseignanté gelongen ass, fir déi sozialistesche Reformen am Secondaire emol weinstens provisoresh an hoffentlech och definitiv ze stoppen.

Ech froe mech, ob de Message soll sinn: „Wann d'Proffen net esou wëlle wéi mir wëllen, dann ännere mir eben d'Proffen“.

Bei der ADR kléngt dat jiddefalls anescht. Mir soen, de Professor, d'Léierin, de Schoulmeeschter mussen nees an hirem Rôle gestärkt ginn an net geschwächt. Si solle vun eis als dat duergestallt ginn, wat si fir eis Kanner solle sinn: Vorbiller! Si hunn e Recht drop, héiflech behandelt ze ginn. Si si Respektpersounen.





Drëttens stéiert eis, datt zwar an dësem Rapport eng Rei vu Problemer énuméiert ginn: de Sproocheproblem, de Verfall vun de Familljen, d'Situatioun um Aarbechtsmaart, d'Zuel vun den Intervenantë bei de Kanner, mä de Courage, fir déi richteg Konklusiounen ze zéien, dee feelt.

Mir als ADR hunn do awer eng kloer an iwwerzeegend Positioun zu jiddwerengem vun deene Problemer, an ech fänken u beim Sproocheproblem.

Mir wëllen eng resolut, voluntaristesche, systematesch Integratioun vun deenen auslännesche Kanner iwwert de Wee vun der Lëtzebuerger Sprooch. Mir hätte gär extra Klassen, fir de Kanner déi Sproochen intensiv bäizebréngen, déi si brauchen, fir an eiser Schoul integréiert ze sinn.

Mir wëlle keng parallell Schoule mat verschidene Sproocheregimer, keng Segregatioun vun den Auslänner, mä Integratioun vun den Auslänner, keng parallell Gesellschaften, keen Niewenteneen, mä e Matenee vun alle Leit an eiser Gesellschaft. Nëmmen esou kënnen eis auslännesch Matbiirger vun alle Chancë profitéieren, déi eis Gesellschaft hinne ka bidden.

Mir wëllen net d'Schoul änneren, fir si op d'Käschte vun eise Kanner enger inexisterter oder verfeelter Integratiounspolitik unzepassen, mä mir hätte gär eng gutt Integratiounspolitik, fir datt déi auslännesch Kanner an eise Schoulssystem gutt kënnen réusséieren.

D'Familljen: Mir wëllen als ADR eng Stärkung vun de Familljen an deem Sënn, datt mir den Elteren, déi dat wëllen, eng realistesch materiell Méiglechkeet wëlle ginn, fir kënnen doheem ze bleiwen an hir Kanner selwer ze erzéien. Da wär et och méi einfach, datt en Erwuessenen do ass, dee géif mat de Kanner Hausaufgabe maachen a spillen, amplatz datt si eleng gelooss ginn an dacks virun der Televisioun oder dem Computer hänken.

An nach eemol: D'Kanner sollen doheem gezillt ginn, an net an der Schoul! De Schoulmeeschter an de Professor sinn net do, fir d'Defizienze vum Elterenhaus oder vun der Gesellschaft nozeschaffen oder opzeschaffen, mä fir de Kanner Bildung a Wëssen ze vermëttelen. D'Schoul ass keng Sozialklinik, si ass eng Chance fir Leit, déi wëlle fläisseg schaffen an hir Chance erkennen a se och wëllen notzen, fir am Liewe virunzekommen.

D'Situatioun um Aarbechtsmaart: Datt d'Lyceésdiplom am Ausland leider och net méi vill wäert sinn, däerf fir eis jo keen Argument ginn, fir den Niveau vun eise Diplom nach méi wäit erofzesetzen. Kuckt d'Redaktersexamen, d'Musterungen an der Arméi, d'Opnamexamen an d'Statsverwaltungen, do, un deene Resultater, gesitt Der d'Wourecht!

Et ass eng eenzeg Katastroph. An heibanne si leider vill ze vill Parteien, déi den Niveau nach wëlle méi erofsetzen, amplatz endlech ze handelen. Fir ganz éierlech ze sinn: Haut gëtt et jonk Schoulmeeschteren a Léierinnen, déi kee richtegt Franséisch méi kënnen, déi Feeler un d'Tafel schreiwen an den Eltere kee richteg Bréif kënnen schreiwen, mä de Kanner solle si Franséisch bäibréngen.

Ech hunn hei e Beispill matbruecht vun engem Bréif vun dëser Woch, deen an en Elterenhaus komm ass. Ech soen net, a wéi enger Gemeng, mä et ass interessant, dat ze liesen. Et ass vu Schoulmeeschteren aus där Gemeng ënnerschriwwen: «Nous avons été contactés par la musique...» vun der Gemeng X «...pour chanter quelques chansons lors de leur concert...». An do geet et da weider: «Les élèves intéressés qui mangeront à la cantine, nous irons les chercher à 13.15 heures... Si votre enfant viendra aux répétitions... Je veille à ce que mon enfant sera à l'école...», an esou weider.

Also op engem eenzegem normale Blat vun dëser Gréisst si véier grammatesch Feeler, grave grammatesch Feeler. Dat ass vu Léierpersonal un d'Elteren heemgeschéckt ginn. Dat ass d'Realitéit! Ech hunn eng Gemeng geholl, ech hunn där Bréiwer nach. Ech hätt nach anerer kënnen matbréngen. Dat ass d'Realitéit an eise Land. Firwat gëtt dat hei net diskutéiert an net ugeschwat, fir sech emol eng Kéier mat der Katastroph an eise Schoulwiesen ze beschäftegen?

Et ass net d'Schold vun deem Léierpersonal. Déi hu schonn net méi genuch an eise Schoule geléiert. An déi nächst Generatioun vu Léierpersonal, déi kann nach manner wéi déi do. Dat ass d'Situatioun! An do musse mer handelen! Firwat gëtt dat ausser vun eis net hei éierlech ugeschwat?

Am Professor Bos sengem Virtrag - dee steet dann och an eise Rapport - wor e Saz besonnesch interessant, an dee steet dann natierlech net an eise Rapport. En huet nämlech gesot, d'Chineese wäeren „um Welten besser“ wéi mir, „um Welten besser“! Et muss een eben d'Kanner fuerderen, si schaffen doen, disziplinaresch duerchgräifen, wa Problemer sinn. An dann däerf een net den Niveau vun de Schoule sacrificéieren am Numm vun engem falsch verstandene sozialen Egalitarismus.

D'Zuel vun den Intervenantë bei de Kanner: Déi beschten Intervenantë bei deene kleng Kanner sinn hir Elteren. Si sinn et, déi d'Kanner sollen erzéien, an net d'Schoul oder net de Stat an de Crèche oder am Précoce. D'Schoul ass keng Erziehungsanstalt, mä eng Bildungsanstalt, an et wär gutt, wa jiddweree géif nees zu sengem eegene Rôle fannen. Mir wëllen als ADR eng kleng Zuel vun Intervenantë bei de Kanner, Schoulmeeschteren, déi Generaliste sinn, an am Secondaire eng Klassestruktur mat engem Régent behalen.

Här President, et ass nëmmen duerch d'Bildung an duerch wäertvoll Diplomer mat Niveau, wou d'Schoul kann de Rôle vun engem Ascenseur social spillen. Wa si keen Niveau méi huet, da schécken déi Leit, déi sech besser stinn, hir Kanner op deier Privatschoulen an d'Ausland mat engem gudden Ruff an unerkannten Diplomer. An déi Aarm, déi op déi öffentlech Schoul ugewise sinn, déi hunn herno näischt méi. Dat ass dann d'Resultat vun enger sozialistescher Bildungspolitik: sozial Ongerechtegkeet an allgemengt Onwëssen. Gott sei Dank gëtt eist Léierpersonal ëmmer méi innovatiounsresistent, wann et ëm esou Reforme geet, wéi dës Regierung se wëlle huet.

Här President, den Här Rapporteur wëllt wëssen, ob mir méi Fachdidaktik solle bei der Profenausbildung hunn. Eis Äntwert ass neen, well déi Leit mat enger fachdidaktescher Ausbildung hu keen allgemengen Diplom méi, deen hinne géif Liichtgeket um Aarbechtsmaart ginn, mä se kéinte praktesch nëmmen nach an den Enseignement schaffe goen.

Ausserdeem léiert een dee prakteschen Deel vum Beruff am Stage. An et ass besser, d'Leit bréngen en zolitte wëssenschaftleche Bagage vun der Universitéit mat. D'ADR ass dofir och weiderhi fir en Examen-concours beim Rekrutement vun de Professeren a wiert sech géint all Versuch, den Niveau vum Examen-concours erofzeschrauwen. Et kann ee Schnupperstagë maachen, doriwwer kann een diskutéieren, mä dann däerfen déi Stagen net Deel vun deem Examen-concours ginn.

Den Här Rapporteur wëllt och wëssen, ob verschidde Proffe fir verschidden Alterskategorien am Lycée bleiwen. Och do ass eis Äntwert neen. Wat mir awer gär hätten, wäeren Direkteren an all Schoul, déi sech ëm Administratioun, Organisatioun, Koordinatioun an Disziplin këmmen.

D'Formation continue: Do musse mer léieren, wa mer Leit op akademeschem Niveau rekrutéieren, da solle mer se och als Akademiker behandelen. Dat heescht, si musse selwer wëssen als Akademiker, op wéi eng Manéier se sech wëlle weiderbilden, an da muss och déi Offer op akademeschem Niveau sinn an net einfach op Füllstoff berouen, fir d'Leit do ze zwängen, esou an esou vill Stonnen a Schoulen ze goen. Da kann een net soen, mir rekrutéieren Akademiker, wa mer se herno net behandle wéi Akademiker.

Mir si selbstverständlech d'accord, fir ze soen, datt déi behënnert Kanner mat spezielle Besoinen, souwäit wéi et realistesch méiglech ass, sollen an den normale Schoulunterricht integréiert ginn. Dofir sinn dann och déi néideg personell Moyaenë virzegesinn.

Mir sinn och d'accord, fir ze soen, datt d'Schoule sech missten hiert Léierpersonal kënnen aussichen, well d'ADR vertritt aus Iwwerzeugung de Prinzip vun der Autonomie vun de Schoulen. Vlächtt sollt déi Schoul mat deene beschten nationalen gemoossene Resultater dann och den éischte Choix bei de Professeren hunn. A selbstverständlech sollen déi autonom Schoule sech och kënnen hir Schüler eraussichen, zum Beispill iwwert de Wee vun engem Examen oder engem Concours.

D'Schüler sollen nom sechste Schouljoer kënnen eng Kandidatur fir déi eng oder aner Schoul stellen, déi hinne géif gefalen oder déi eppes offréiert, wat si géif interesséieren.

#### (Interruption)

Ech wéilt hei nach eemol eng Proposition widerhuelen, déi ech schonn e puermol gemaach hunn, an et wär gutt, wann och eis Regierung dozou géif Stellung huelen.

► **M. le Président.**- Här Kartheiser, Dir misst lues a lues zum Schluss kommen.

#### (Hilarité)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, aus Ärem Mond huelen ech dat esou gär un, an et kommen nach zwee wichteg Sätz an da sinn ech fäerdeg.

#### (Interruption)

Also Dir gesitt, bei eis klappt dat souwuel institutionell wéi intern, och bei eis.

Ech fuerderen d'Madame Minister op, fir am Däitschen, am Franséischen an am Rechnen am Juni 2013 en nationalen Opnamexamen nom sechste Schouljoer - dat nennt een haut Cycle 4.2 - ze organiséieren, op der Basis vun de Prüfungsfroe vun 1970.

► **Une voix.**- Haha!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- An et soll selbstverständlech genee d'selwecht verbessert gi wéi deemools. Da kënnen mir nämlech de Bilan maache vun de Reformen an da gesi mir, wéi eisen Unterrechtssystem an de Jorzéngte sech verännert huet.

An d'Fro ass: Huet d'Regierung dee Courage, fir eise Schoulniveau am Däitschen, Franséischen an am Rechnen nom sechste Schouljoer haut ze vergläiche mat deem vun 1970?

Villmools Merci.

► **M. le Président.**- Merci, Här Kartheiser. Da wier d'Wuert un der Regierung, der Madame Éducationnminister. Madame Delvaux, wann ech gelift.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt mech dem Luef vu menge Virriedner uschleissen iwwert deen interessanten Débat, iwwert déi interessant Débaten, déi mer och an der Kommissioun haten. Iwwer ee Joer hu mer zu dësem Sujet gehéiert an diskutéiert, an ech hunn et perséinlech interessant fonnt, fir och eng Kéier schéi erëm alles zesummenzereien.

Also, ech hunn dann och festgestallt, an och haut no der Diskussioun, dass mer - loosse mer soen - e Konsens hunn, dass eis Gesellschaft sech geännert huet, d'Welt am Allgemengen, mä Lëtzebuerg och an der Zesummesetzung vu senger Populatioun. Ech stellen e Quasikonsens fest, dass d'Schoul deem soll Rechnung droen.

Ech stellen e Konsens fest, dass et den Enseignant ass, deen eng zentral Roll an der Schoul huet. Ech mengen, doriwwer si mer eis allequerten eens. Och d'Fachliteratur seet dat: „Auf den Lehrer kommt es an.“ An dass, wann also d'Schoul sech adaptéiert, forcément, vu dass den Enseignant dee Wichtigsten an der Schoul ass, säi Rôle sech domadder och changéiert. Woubäi jiddwereen och nach ëmmer der Meinung ass, dass mer d'Kanner jo an d'Schoul schécken, fir dass se eppes léieren, soss bräichte mer se net dohinner ze schécken, soss kéinte mer jo aner Institutiounen fannen, wou mer se géife versuerge loosse.

Si ginn an d'Schoul, fir ze léieren. D'Wëssenserschaffen ass also ëmmer nach déi wichtigst Aufgab an der Schoul. Allerdéngs wësse mer och duerch vill Recherchen, an net nëmme iwwert d'Science de l'éducation, mä och iwwert d'Gehirnforschung, dass een haut besser weess, wéi e Gehier fonctionnéiert a wéi e Kand sech entwéckelt a wéi ee léiert, wéi mer dat viru 50 oder 60 Joer woussten.

An haut mengen ech net, dass et nach ee gëtt, dee gleeft, dass et duergeet..., dass e jonke Mënsch eng Vas ass, wou een einfach Saachen draschétt an da komme se automatesch als Wëssen eraus, mä dass den Enseignant bei deene klengen a bei deene grouss Schöler och e Rôle vun Accompagnateur huet, vu Facilitateur, dass en e Jonke begleet um Wee vum Léieren.

An eng wichteg Erkenntnis, mengen ech, ass och, dass den Enseignant sécher net eleng responsabel ass fir de Succès vun engem Kand an der Schoul, mä dass den Elteren ëmmer nach e wichteg Rôle bleift an dass also dat Zesummespill an d'Partnerschaft zwëschen der Schoul an den Elteren immens wichteg sinn.

Mir ass et och nach wichteg, hei ze soen, dass Schoul halen e schwéiere Beruff ass. Et ass ee vun deene schwéiersten. An ech denken, dass mer dat och kee Moment solle vergiessen an dass mer dat solle würdegen. Et ass e schwéieren, mä et ass och e wichtige, well et ass domadder, wou mer d'Zukunft virbereede vun deene Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen, an deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg grouss ginn a vun deene mer gären hätten, dass sollen hei zu Lëtzebuerg Verantwortung iwwerhuelen, well mer hinnen dat uvertrauen.

Wa mer dann allerdéngs zu de Konklusiounen an zu de Recommandatiounen kommen, dann ass et mir manner kloer, wou et Konsens gëtt.

Déi éischt Fro war déi bei de Schoulmeeschteren: Wëlle mer e Generalist oder e Spezialist? Wa mer e Spezialist wëllen, wëlle mer en no Al-

ter oder wëlle mer en no Fächer? Ech hunn zwar elo ganz gutt nogelauschert, ech mengen, dass ech awer nach eng Kéier all d'Positiounen misst andächtig liesen, fir do zu engem Konsens ze kommen. An ech hat net d'Impressioun, dass jiddwereen hei déiselwecht Meinung hätt. Mir brauchen also do nach eng weider Diskussioun.

An do war ech dann och e bëssen iwwerrascht, well ech hat geduecht ze héieren, dass déiselwecht, déi soen: „Bei de Schoulmeeschteren hätte mer awer gären, dass se no Alter opgedeelt sinn, well et ass e groussen Ënnerschied, ob ee mat ganz kleng Kanner schafft oder mat e bësse méi alen“, bei de Proffen do soen: „Ah neen, do hätte mer awer gären ee Generalist, well do muss ee kënnen mat Klengen a mat Grouss schaffen.“ Dat wëll ech nach eng Kéier noliessen, fir genau d'Aussoen do ze kontrolléieren. Et hat mer geschéngt, wéi wann dat net ëmmer ganz kohärent wär.

Dann hunn ech hei ganz vill Recommandatiounen un d'Formation initiale vun de Schoulmeeschteren eraushéieren. Also, mir wäerten déi sammelen an der Uni se weiderginn. Déi komme bei déi, déi de Ministère ëmmer erëm un d'Uni weidergëtt. An ech hoffen, dass déi dann do och e fruchtbare Buedem fannen, well mir gi jo net midd ze soen, dass d'Formation initiale vun de Schoulmeeschteren wichtig ass. A mir hätte gären, dass se natierlech solle Generaliste sinn, also esou gutt wéi méiglech ausgebildet sinn.

Mir hunn eng Formatioun, déi véier Joer ass. An dat war deemools begrënt gi mat deem Argument, dass mer ebe gären e Generalist hätten, mä deen awer och Schwéierpunkte kéint setzen an deen och Notioune vu Sonderpädagogik hätt. Dat alles hate mir als Wonsch un d'Uni erugedroen an dat war d'Argument, fir ze soen: „Et muss eng Ausbildung vu véier Joer ginn.“ Also, mir stelle jo och fest, dass net alles esou ass, wéi mir eis dat virstellen, mä ech stellen zur gläicher Zäit fest, dass d'Uni beméit ass, fir de Wënsch, déi mir formuléieren, nozekommen.

Wat d'Formation initiale vun de Professeren ugeet, do hu mer virun net ze vill laanger Zäit an der Chamber e Gesetz gestëmmt, wou och hefteg diskutéiert ginn ass, ob dann e Professor natierlech soll e Bachelor an engem Fach hunn, an dann duerno e Master spezialiséiert an deem Fach oder an der Fachdidaktik. Ech mengen, dass mer e kleng Schrëtt méi wäit wäeren, mä ech sinn nach net zu honnert Prozent iwwerzeugt, dass mer esou wäit sinn, fir dat Gesetz erëm ze iwwerschaffen, fir do zu neie Konklusiounen ze kommen.

Déi drëtt Froen, déi dréie ronderëm de Stage, souwuel vun de Professere wéi vun de Schoulmeeschteren. An ech wëll mech elo hei net ze vill wäit avancéieren, mä wa meng Informatiounen iwwer en eventuellen Accord an der Fonction publique géife stëmmen, da géife jo do nei Perspektiven opgoen, wou mer souwiesou iwwer e Stage mussen nodenken.

Wat ass e Stage? Eng Einführung fir Berufsanfänger, wat d'Schoulmeeschteren ugeet. Dat wär jo Neiland, wou mer eis da wierklech mussen eescht Gedanke maachen: Wat beinhalt dann dee Stage, deen effektiv en anere Stage ass wéi dee vun de Professeren, well d'Schoulmeeschtere jo eigentlech e Master hunn, wou se geléiert hu Schoul halen? Pardon! E Bachelor - dat war e Lapsus -, wou se geléiert hu Schoul halen, mä wou se awer eng Initiatioun brauchen als Berufseinsteiger, fir sech an deem Milieu erëmfannen.

Während bei de Stagièr-Profasseren, déi hu jo normalerweise keng Ausbildung als Pädagogen, an déi musse mer mat abauen an de Stage d'initiation à la profession. An an deem Kader musse mer och de Concours de recrutement iwwerdenken, wéi mer deen organiséieren, an eventuell dann e Préstage, haaptsächlech fir déi Leit, déi am Secondaire wëllen enseignéieren. Also dat ass e groussen Dossier, wou mer an deenen nächsten - géif ech soen - Méint a Jore mussen drop schaffen!

Dann ass mer awer eppes wichteg, an domadder kéim ech dann zum Schluss. Also, mir brauchen eng gutt intial Ausbildung, mir brauchen e gudden Stage, mä mir liewen awer enger Zäit, wou d'liewenslaangt Léiere groussgeschriwwen gëtt - fir jiddwereen! Mir schwätzen iwwer „lifelong learning“, dass d'Wësse sech doubléiert an dass ee sech jo och ëmmer erëm duerch d'Weiderbildung nei motivéiert, fir am Beruff fit ze sinn, an dofir ass d'Formation continue effektiv fir dee Beruff hei wichteg.

An ech wollt hei just d'Informatioun eriwierginn, dass selbstverständlech eng Offer besteet u Formation continue, wou d'Schoulmeeschteren, d'Professeren, d'Chargéen, awer och d'Schoule sech kënnen an där Offer eppes eraussichen. An et ass net esou, dass de Ministère seet: „Dir musst elo déi do an déi do Formatioun maachen!“





An déi Offer besteet aus Konferenze besichen. Si besteet doranner, dass ee ka laang Formationne suivéieren. Et kann een individuell Formationne maachen. Et kann een als Equipe Formationne froen. Et gëtt „peer learning“, et gëtt Hospitiation an de Schoulen, et gëtt Coaching an et gëtt Supervisioun. Also, d'Forme vun der Weiterbildung si ganz variéiert.

Ech perséinlech sinn och der Meinung, dass eng Année sabbatique fir d'Enseignantë wichteg ass. Mir si scho laang amgaang, dorunner ze schaffen. Ech wëll awer hei rappeléieren, dass d'Enseignantë Fonctionnaire sinn. An dat heescht, mir fannen nëmmen eng Léisung am Kader vun der Foncion publique. An dat mécht d'Diskussioun net méi einfach.

An datselwecht wollt ech soen zur Autonomie vun de Schoulen. Et gëtt ganz vill iwwert d'Autonomie vun de Schoule geschwat, dass se sech misste kënnen hir Leit eraussichen. Dat alles muss een awer gesinn am Kader vum Statut, wou et de Moment esou ass, dass eigentlech den Enseignant sech d'Schoul sicht, an net d'Schoul sech den Enseignant, a wou eng grouss Diskussioun ass.

Dofir denken ech, dass et och wichteg ass, d'Vertrieder vun den Enseignanten ze héieren, wéi déi sech zu all deene Froen hei stellen. An ech kann lech versprechen, dass dat nach eng laang Diskussioun gëtt. Mä mir wäerten a ville Gespréicher iwwert de Bilan vun der Reform „Grondschoul“, iwwert d'Projeten am Secondaire an dann och iwwert d'Émsetze vun enger eventueller Annerung am Statut, wat d'Enseignanten ugeet, op des Saachen zrëckkommen.

Ech denken awer, dass dee Rapport hei eng gutt Basis ass, fir an déi weider Diskussiounen eranzegoen. Dofir wëll ech dem Här Adam als Rapporteur, dem President, deen dat wéi ëmmer brillant gefouert huet, villmools Merci soe fir déi gutt Viraarbecht, déi hei gemaach ginn ass.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci, Madame Minister. Mir wieren dann um Enn vun deem dote Punkt ukomm.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir haut de Mëtteg huet d'DP-Fraktioun eng Aktualitéitsstonn iwwert den Taxissektor ugefrot. D'Riedezäit ass am Artikel 84 (2) vum Chambersreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktiounen jeeweils fënnf Minutten, de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Véirelstonn. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Eischen, Angel, Bausch an Henckes.

D'Wuert huet elo den honorabele Kolleeg, den Här Xavier Bettel als Vertrieder vun der DP-Fraktioun.

## 2. Heure d'actualité du groupe DP au sujet du secteur des taxis au Luxembourg

### Exposé

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Merci, Här President. Mir sinn der Meinung gewiescht, dass et wichteg ass, deen heite Sujet op d'Dagesuerdnung vun eiser Chamber ze bréngen, weinst verschiddenen Ursachen.

(**M. Laurent Mosar reprend la présidence.**)

Déi éischt Ursach ass, Här President, wann ee mat de Leit esou dobause schwätzt an et diskutéiert een iwwert d'Taxien, ass d'Meenung vu bal 99% vun de Leit, dass et hei am Land e Problem gëtt mam Taxiswiesen. Ech hu selwer elo nach um Internet gekuckt, an do fënnt een da Messagen, wéi - op Englesch -: „Just to check. Yesterday night from airport to Place d'Armes, no traffic, no cues, just a long unexpected trip and a payment of 40 euros, more and less 12 euros more than usually paid.“ Dat liest Der.

Dann den ADAC-Test vun 2011, Här President, dee jo op enger neutraler Aart a Weis gemaach ginn ass, huet 22 Grousstied an Europa analyséiert. Lëtzebuerg kënnt op déi 20. Plaz vun 22. Et gëtt nëmmen dräi Stied, wou „d'Routentreue“ en „negativ“ oder „ausreichend“, dat heescht „nicht gut“ oder „sehr gut“ hunn. Dat ass Ljubljana, dat ass Prag a Lëtzebuerg. Dat geet net, Här President!

D'Situatioun hei am Land gëtt jo vum Gesetz vu '97 geregelt, och vum Règlement grand-ducal vun 2004, an d'Gesetz vun 2011 iwwert d'Konkurrenz gesäit déi Saache wéi haut... Et konnt jiddwereen am „Lëtzeburger Wort“ och en Artikel vum neie President vun der Taxisfederation liesen. An dee seet am Fong, dass alles an der Rei ass, mä et si just Fléipéitère bei den Taxien, a wann déi bis fort sinn, dann ass d'Situatioun an der Rei.

Mir hunn eis an der Gemeng virgeholl, eng Initiativ ze huelen, fir den Taxisberäich, op jidde Fall bei eis, aneschtens kënnen ze maachen. Mir hu keng legal Capacitéit, fir alles ze änneren. Duerfir si mer hei, fir ze froen, och well den Här Krecké... Ech ka mech erënneren, ech mengen, ech war nach e ganz jonken Deputéierten, dunn huet en ugekënnegt, e géif d'Taxiswiese jo änneren. An ech wollt just froen - bon, en ass haut net méi do, mä e war jo laang genuch an der Regierung, den Här Schneider ass jo do -, wat da mat deene grouss Reformen, déi den Här Krecké deemools ugekënnegt huet, wou déi hikomm sinn.

An, et soll een net vergiessen, Här President, och den Automobilclub, deen nach haut op 11.377 Leit kënnt, déi seng Petitioun ënnerschriwwen hunn, fir Modifikatiounen ze maachen, d'Iddi vum YellowCab, wou se eng Rëtsch vu Modifikatioune froen: dass de Client kann den Taxi eraussichen, e Forfait maximum, ëmweltfrëndlech Autoen, dass Pub kann dropstoen, et cetera, et cetera. Et kann een déi Initiativ och nëmme luewen.

Här President, et sinn eng Rëtsch vu Punkten, vun deenen ee muss awer einfach ervirhiewen, dass déi hei net ginn. Éischtens, wann ee kuckt, den Taximeter ass jo dat Éischt, wat am Taxi jo leeft, dat heescht fir den Tarif. Et steet do, Ateliers agréés comme installateur de taximètres hei am Land sinn: Löffler, Weroco, A.P.P. an dann Taxi Colux an Taxi Benelux.

Et ka jo net sinn, dass déi Firmaen, déi selwer Taximeteren installéieren, déi zwou gréisste Firmae sinn, déi an der Stad Taxien hunn. An der Zäit huet - ech schwätze fir d'Gemeng Lëtzebuerg - eisen Autobusservice et gemaach; dat ass do geännert ginn, do sinn déi Atelieren och komm.

E waarmen Appell, Här President, un d'Regierung, dass hei muss eng national Instanz geschafe ginn. Firwat net d'Kontrollstatioun vu Sandweiler? Oder op jidde Fall ass eng Instanz ze schafen, déi d'Taximeteren installéiert an och kontrolléiert. Et ka jo awer net sinn, dass de Contrôleur deen ass, an deen, deen installéiert, deen ass, dee selwer Taxien huet.

Datselwecht zielt, wann een eng national Instanz huet, Här President, fir kënnen ze reklaméieren. Wann Dir haut e Problem mat engem Taxi hutt, wou reklaméiert Der? Dir wësst meeschtens emol net, wéi eng Firma Der hat, an Dir hutt keng Kontaktpersoun, Dir hutt keng Telefonsnummer. Et wier wichteg och, dass een..., oder et seet een, d'Gemeenge sollen et maachen, mä ech géif et awer besser fannen, well Dir wësst jo haut net, wann Der an en Taxi klammt - well ech kommen op dee Problem herno zrëck -, vu wou deen Taxi kënnt, dass Der dann och misst eng Zentral hunn, wou ee kéint reklaméieren a soen: „Ech hat deen Taxi.“ Mä meeschtens, fir kënnen ze reklaméieren, misst een och nach wëssen, wien de Chauffeur war.

Dir wësst, déi meescht vun lech, wann een am Ausland dann en Taxi hëlt, éischtens huet een en Tarif, deen um Taxi steet, ganz oft, dat heescht, do kann ee scho kucken, mä bei eis am Land wësst Der net, wat den Taxi ka kaschten. Tarif 1 bei enger Firma geet bis 1,45 Euro de Kilometer, bei engem aneren ass en 1,36, bei engem aneren ass en 2,80 am Tarif 2, bei deem aneren 2,72, bei deem aneren 2,90. An Dir hutt jo awer doudsécher keng Ahnung, wann Dir an en Taxi klammt, wéi vill Dir ze bezuelen hutt.

Dat heescht, selon dem Auto, wou Der eraklammt, well Der kee Choix hutt, schwankt de Präis tëschent fënnf an zéng oder 15%, selon wien d'Compagnie ass, an déi Der draklammt. An enger Schlaang ass dat net méiglech, sou dass am Fong de Client net weess iwwerhaupt, wat fir en Tarif en ze bezuelen huet.

Dat huet d'Libéralisatioun vun de Präisser mat sech bruecht. Ech fannen dann och aner Gesellschaften, déi schreiwen: «En effet, depuis 2007 le Luxembourg dispose d'une libéralisation des prix maximas pour les transports de taxis. Étant conscient de la réalité du marché, notre société a su rester réaliste et pratique des prix en-dessous de ceux proposé par la concurrence.» Dat liest een dann um Internet, dat heescht, dass een deem aneren Taxi seet: „Du bass méi deier wéi ech.“ Mä de Client ass deen Eenzegen, deen näischt weess, an et ass awer deen, deen herno zum Schluss ze bezuelen huet.

D'Präisser, Här President, wann een och kuckt, bon, do kann ee soen, ech héiere schon d'Taxisfederation, déi mer seet, hei zu Lëtzebuerg ass de Coût vill méi héich. Ech hu gekuckt a Frankräich selon les départements, mä dat, wat bei eis bis 1,45 Euro de Kilometer kascht, kascht zum Beispill a Frankräich 0,65 Euro de Kilometer. Dat ass méi wéi duebel hei zu Lëtzebuerg. Bon, d'Salairë si vläicht méi héich, mä dass se zweemol méi héich sinn, dorunner géif ech och zweifelen.

Den Tarif 2 ass een Euro a Frankräich, deen ass hei zu Lëtzebuerg bei Verschiddener 2,90 Euro, dat heescht bal dat Dräifacht vun engem Taxi an engem Tarif 2, deen Der zu Paräis géift bezuelen.

Här President, et gëtt awer och e Problem am Taxiswiesen. Et gëtt Taxischaufferen, et kann ee jo net alles an een Dëppe geheien, Gott sei Dank mécht een dat och net, mä et gëtt Verschiddener, déi sech éischtens net un d'Reglementatioun am Moment halen, dat heescht, déi gi fëschen, déi hunn dann eng Plack an iergendenger Gemeng kritt an da gi se dann an eng aner Gemeng d'Clientë sichen. Dat geet net, am Moment net.

Dat heescht, et soll ee sech d'Fro stellen, ob een net soll de Perimeter opmaachen, andeems ee seet: „Hei, wann s de eng Plack hues, da kanns de duerch d'ganzt Land fueren an du kanns och bal...“ Am Moment kann ee vun der Stad op de Findel fueren, mä dann dierf ee vläicht net vum Findel zrëck an d'Stad fueren.

Et gëtt esou Regeln, wou een da kann déi eng huelen an déi aner net. Do misst ee sech och eng Kéier seriö Froe stellen, Här Minister, ob een dat net misst änneren.

Da gëtt et Leit, déi maachen eng Sous-localioun vu Placken. Ech hunn lech virdru gesot, wann Der am Ausland sidd, dann hutt Der den Numm vun der Persoun dostoe mat enger Foto, an déi ass net hannen oder vir verstoppt ënnert dem Steierrad oder bei der Hand (veuillez lire: Handbreds), also op der Säit op iergendenger.... Ech sinn net Spezialist vun Autoen, mä iergendwou ënnen. Mä dat heescht, dann direkt, wou Dir an den Auto klammt, do hutt Dir eng kleng Foto, wou den Numm dropsteet vun deem Chauffeur, an dann hutt Dir och eng Nummer, wou Der kënnt uruffen, wann Der Reklamatiounen hutt.

En Tourist, deen hei kënnt, weess net, bei wien en erageklomm ass, en huet och keen Numm a guer näischt. En huet da vläicht eng kleng Plack, wou bannen och d'Indikatioun dropsteet, wéi eng Gesellschaft et ass a wéi vill de Kilometer ass. Dat geet net duer. Et wier wichteg, dat och méi transparent ze maachen.

Firwat ech dat och nach soen, Här President: D'Formation vun den Taxien ass virgesinn duerch den Text, dass ee kéint eng Formation fir Taxien hunn, eng Formation, déi zu Colmer-Bierg kéint gemaach ginn, eng aner Formation iwwer vläicht Sproochentester, déi déi eng oder déi aner hunn, déi déi aner awer net hunn.

Ech kréie regelméisseg matgedeelt, Här President, dass vill Leit am Fong eng Course gefrot hunn a kee Sightseeing, awer meeschtens da vum Findel bis an d'Stad net dee kierzeste Wee geholl hunn, an dat beweist déi Etüd. An ech mengen, dass et wichteg ass, dass en Taxischauffeur och éierlech ass, a wa Leit sech net drun halen a mat de Leit gären iwwer Esch vum Flughafen bis an d'Stad fueren, déi och da bestrooft ginn, well et ka jo awer net sinn, dass Leit Détoure maachen an da sech soen: „Dat do ass en Tourist, dee kënnt souwisou ni méi heihinner, wann ech dee bis eng Kéier kritt hunn. Dee meckert och net, well e weess iwwerhaupt net, wou e soll uruffen.“ Well mir et selwer och net wëssen, wéi soll deen et da wëssen?!

Här President, et sinn och Froen iwwer Publicitéiten un den Autoen. Ech fannen, et stéiert mech net am Ausland, wann do op engem Auto eng Publicitéit dropsteet. D'Taxisfederation seet, wa se Publicitéite kéinte kréien, kéinte se d'Präisser erofsetzen. Ma dann, kommt, mir maachen et!

An da selbstverständlech d'Autoen. Firwat muss all Mënsch mat engem décke Mercedes duerch d'Groussgaass fueren an op de Flughafe fueren? Et gëtt eng Clientèle, Här President, déi bereet ass, sech an e Prius ze setzen oder an e méi ëmweltfrëndlechen Auto, deen dann eng Limite vun CO<sub>2</sub>-Aussteiss huet. Dat heescht, dat wiere vill méi ëmweltfrëndlech Autoen. Duerfir gëtt et eng Clientèle.

An da selbstverständlech ass déi Saach vum Präis och eng Saach, déi mer muss wierelech diskutéieren. Mir hunn an der Stad Lëtzebuerg, Här President, e Projet, dee mer amgaang sinn auszeschaffen, vun Eko-Taxien. Mir si mat der Federation an den Diskussiounen, wann d'Federation dat matmécht. Mir hoffe selbstverständlech, dass se et matmécht. Mir wëllen do éischtens e Kritär, dat ass deen ëmweltfrëndlechen Taxi, an zweetens e Kritär vu fixe Präisser, wou ee seet: „Esou vill Kilometere kaschten esou vill, an de Maxima, deen Der an der Stad kënnt kréien, ass esou vill.“

Mir hunn e Groupe de travail. Mir kommen elo Enn Mee nees eng Kéier zesummen, fir ze kucken, wat déi Maxima sinn, mä et kann net sinn, dass ech elo en Taxi huelen, net weess, wéi e mat mer fiert a wéi vill et herno kéint kaschten. A wien ass et nach net geschitt, dass

een dann op eng Kéier muss soen: „Hei ass och an der Rei.“, well een da keng Sue méi an der Täsche huet, e Jonken, dee vun iergendenger Plaz erëmkënnt, an deen dann net heemkomm ass, well en net genuch Suen hat?

Här President, ech gesinn, meng Zäit ass elo schonn esou gutt wéi ofgelaf. Mir wëllen e Label maachen, Här President. Mir wëllen a Label maachen, deen net obligatoresch ass, mä dee wierelech et erméiglecht, dass Taxischaufferen, déi wëlle méi ëmweltfrëndlech a méi bëlleg fueren a bei méi transparenten Tariffer matmaachen, kënnen de Label huelen. E gëtt net obligatoresch. Mir hunn eng Rëtsch vun Associatiounen, déi eis och ënnerstëtzen an déi Richtung.

Ech wollt duerfir och froen, a wéi eng Richtung d'Regierung wëllt goen. Well den Här Wiseler ass net den Här Krecké. Den Här Krecké hat jo den Dossier. Mir sinn eis däers och bewosst. Mä wat huet den Här Krecké da virdru gemaach? Hutt Der e Projet de loi?

Et gëtt scho jorelaang geschwat, den Här Krecké hätt e Projet de loi gemaach. Wou ass deen drun?

Et ass eng Etüd gemaach gi mat Steiergelder vun Ernst & Young iwwert d'Taxiswiesen zu Lëtzebuerg. Déi ass e bësse geheim, huet een d'Gefill. Et wier awer net schlecht, wann Der averstane wiert, Här Minister - ech verstinn, et sinn Donnéeën dran, wou Der net wëllt, dass se public gemaach ginn -, ob et dann net opfortun wär, Här President, fir dass déi Donnéeën dann an der Kommissioun kéinten eng Kéier presentéiert ginn, wou de Minister eis kéint dann e Résumé maache vun där Etüd. Ech wier wierelech frou, wa mer do kéinten Antwerte kréien.

Här President, wéi gesot, fir eis ass d'Taxiswiesen hei zu Lëtzebuerg... Ech fannen et lamentabel, dass mir an internationale Studien 20. gi vun 22, a just nach Ljubljana a Prag hanner eis sinn oder Roum, au point de vu Tariffer. Ech fannen et net gutt.

Et ass kee gutt Bild, gleeft mer et, et ass kee gutt Bild vun enger europäescher Hauptstadt. Mir sinn en plus déi deierst vun all deenen. An ech wier wierelech frou, wa vill Gemengen, wa mer den Eko-Label elo maachen, wann aner Gemenge matmaachen. Ech hu schonn eng Rëtsch vu Gemengen, déi mech kontaktéiert hunn. Dat freet mech och, mä ech menge wierelech, Här Minister, dass et och un lech ass, eng Initiativ ze lancéieren, well mir hunn eng Compétence, déi hält bei Beggen, Bouneweg, Gaasperech a Kierchbiere op, mä et gëtt nach vill aner Gemengen am Land, déi frou wieren, wann do eppes lass ass.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bettel. Als éischte Riedner ass den Här Félix Eischen agedroen. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

### Débat

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen haut op en Neits e Sujet un, deen dacks an der Aktualitéit ass, iwwert dee sech dacks ausgeloozt gëtt, sou wéi den Här Bettel dat elo grad gemaach huet, wou vill vun eis sech iwwer e schlechte Service a virun allem och iwwer en héije Präis opreegen.

Allerdéngs, an dat ass mer opgefall, wann een dann emol hannerfreet, ass d'Tatsach déi, dass eng etlech vun deenen, déi den Taxi dobause schlechtmaachen, nach ni ee geholl hunn.

### (Hilarité)

Ech hat d'Chance, an de leschten Deeg mat e puer Acteuren - dat sinn da Vertrieder vu méi grouss Betriber, awer och Leit, déi eenzel fueren, déi eleng Patron sinn - e bësselchen ze schwätzen. Leit, déi och laang genuch an der Zeen dra sinn, fir ze wëssen, wéi den Hues leeft, an effektiv, den Hues leeft den Ament wierelech net zum Allerbeschten, an et ass och net vu Mutterwéi, dass mer haut heiriwwer schwätzen.

Effektiv ass an der Taxiszeen mat Momenter de Wuerm dran. De Präis ass eng Saach, doriwwer kann een diskutéieren. Allerdéngs muss een och wëssen, dass d'Taxiswiesen zu Lëtzebuerg e generalverbindleche Kollektivvertrag huet mat engem Mindestloun, mat 36% vum Chiffre d'affaires, deen direkt un de Chauffeur geet, mat Nuets-, Sonndes- a Feiertagsstonnen, déi extra muss bezuelt ginn. Dat si Leit, déi schaffen, wa ganz dacks déi aner feieren, an dann dierf een och net ëmmer ze vill de spatze Mëndche maachen, wann dat dann an der Nuecht eppes kascht.